

hien dohinner fiert. Datselwecht, wat ech elo fir d'Finanz- a Budgetskommissioun gesot hunn, göllt och fir meng Fraktioun, där hiren Accord ech heimat ginn.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Thiel. D'Wuert huet elo den Här Minister Frieden.

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech géif just nach eng Kéier wëllen d'Wichtigkeet vun deem Accord ënnersträichen, well et en ligne ass mat deem, wat mer virdu gesot hunn. Wa mer wëlle wirtschaftlech Entwécklung hunn, da muss eist Land weiderfuere fir d'Netz vun Duebelbesteuerungsofkommen ze verbreederen. Mir hunn der scho ganz vill, an ech si frou, dass mer dësen esou schnell zustane kritt hunn, wou mer an der Rei stounge mat ganz vill anere Länner, déi och mat Hongkong en Accord ofschléisse wollten.

Dëst ass e wichtigen Accord fir Hongkong, et ass awer och e wichtigen Accord fir China, well Hongkong ass jo en Deel vu China mat engem spezielle Regime. Duerfir ass et wesentlich, wa mer de Lëtzebuerger Entrepreneuren och op neie Märcheen ausserhalb vun Europa Méiglechkeete wëlle ginn, dass esou en Accord wéi dësse gemaach gëtt.

Dëst ass ee vu villen Accorden, mä och dat verleet eis dozou ze soen: Et gëtt eng Zukunft. Heimadder maache mer den Entrepreneuren hir Geschäfte méi effikass, well et eng besser Besteuerung fir d'Entreprise bedeit. Dëst ass e wichtigen Accord, well mer eis domadder och ausserhalb vun Europa nei Märkt opmaachen. Ech wëll dofir dem honorablen Här Thiel Merci soen, grad esou wéi allen Deputéierten, déi dësse Projet stëmme wäerten.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5862 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Henckes huet eng Question urgente gestallt, un den Här Minister Frieden, betreffend d'Kaupthing-Bank. Den Här Mi-

nister Frieden huet sech d'accord erkläert, fir direkt op déi Fro ze äntwerten. Wann Dir d'accord sidd, da géife mer déi elo direkt huelen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

3. Question urgente N°3024 de M. Jacques-Yves Henckes au sujet de la reprise de la banque Kaupthing Luxembourg

» M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Merci, Här President. Ech si gewuer ginn, dass d'Agence Bloomberg eng Informatioun relayéiert huet, no där déi isländesch Bank, Kaupthing Lëtzebuerg en fait, et ass jo eng Lëtzebuerger Bank ginn, fir ee symbolesch Euro un e Groupe vun Investisseure géif verkaaft ginn, deen aus fënnef Banken an engem Fonds d'investissement besteet, à la tête vun deem sech d'LIA, d'Libyan Investment Authority befënnt. No deenen Informatiounen vun där Noriichtenagentur hätt d'Lëtzbuergesch Regierung sech d'accord erkläert, fir der Kaupthing Lëtzebuerg e Prêt vu 600 Milliounen Euro ze ginn, ënner anerem fir gegebenenfalls de Spuerer een Deel vun hire Suen erëm-zeginn.

An deem Kontext wollt ech natierlech e puer Froe stellen, well dat elo iwwer e puer Radioen an och schonn iwwert d'belsch Televisioun gaangen ass, an déi Froe sinn déi folgend:

Éischtens, Här Minister, kënnt Dir déi Informatioun bestätegen, vun där ech elo geschwat hunn a vun där d'Agence Bloomberg schwätzt, haaptsächlech wat dee Prêt vu 600 Milliounen Euro ugeet, deen d'Lëtzbuergesch Regierung an deem Kontext wëllt der Kaupthing-Bank zougestoen?

Wa jo, wat sinn d'Konditiounen an d'Garantien, déi dësse Prêt begleede sollen?

Wann neen, Här Minister, sidd Dir der Meenung, dass et nach ëmmer vläicht eng aner Méiglechkeet gëtt, fir e Repreneur ze fanne fir d'Kaupthing Lëtzebuerg? Sinn aner Leit, aner Betriber, aner Repreneuren nach an der Diskussioun?

Wat den Accord fir dee Prêt do ugeet, huelen ech jo un, dass d'Lëtzbuergesch Regierung do bal misst e Projet de loi déposéieren?

An déi véiert Fro ass: Eng etlech belsch Clientë sinn natierlech och vun deene Schwierigkeete vun der Kaupthing-Bank concernéiert, an dofir wollt ech froen, ob déi belsch Regierung dann och bei deene Mesurë kéint participéieren, notament wat déi 600 Milliounen ugeet, oder wat soss aner Mesuren ugeet, déi an deemselwechte Kontext geholl gi sinn?

» M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech kann dem honorablen Här Henckes confirméieren, dass zënter enger Rei vu Woche Gesprécher tëschent der Kaupthing-Bank an hiren Administrateurs judiciaires engersäits, a verschiddene Repreneuren anerersäits lafen, dorënner och an deene leschten Deeg déi mat deem Fonds souverain, deen elo grad an der Question parlementaire urgente mentionnéiert ginn ass. Déi Gesprécher sinn amgaangen, an déi Gesprécher sinn extrem komplizéiert.

Ech wëll der Chamber soen, dass et net an den Intentiounen vun der Regierung ass an zu kengem Moment war, fir e Prêt vun där doter Héicht un déi Bank oder u soss een ze maachen, fir d'Reprise vun där Bank ze erméiglechen. D'Regierung bleift der Meenung, dass eng Reprise vun der Bank dat Bescht wär fir d'Reputatioun vun der Finanzplaz engersäits, a fir déi sëllege Clientë vun där Bank anerersäits.

D'Regierung verkeeft näischt an d'Regierung keeft näischt an deem Dossier. Mä eis Haltung an deem Dossier war a bleift, dass, wa mer kënnen als Regierung behëlleflech sinn, dass déi Bank kann iwwerliewen, mer en Intérêt hunn, deen iwwert déi Bank erausgeet, fir dat ze maachen. Wa mer also ënnert der Form vun engem Prêt oder enger beschränkter Garantie kënnte behëlleflech sinn, ouni dass dat géif gréisser Risiko fir de Stat mat sech zéien, da kënnt ee vun esou eppes schwätzen.

Fir de Moment si keng esou Offere gemaach ginn. All déi Garantien, déi bis elo gefrot gi sinn, hunn ech inakzeptabel fonnt. An et kënnt net a Fro fir d'Regierung, e Prêt vun zum Beispill 600 Milliounen ze maachen, fir esou eppes sécherzestellen.

Ech soen awer gradesou kloer, dass, wa bei deem doten oder engem anere Repreneur en Iwwergangskredit misst gemaach ginn, wou eng Chance vu Remboursement wär, a wa mer domadder kënnten déi Bank um Liewen halen, wat wéi gesot gutt wär fir d'ganz Finanzplaz, da si mer bereet, iwwer esou Saachen ze schwätzen.

Déi Gesprécher sinn amgaangen. Déi sinn extrem schwierig. Et ass zu 50% Chance nëmme, dass déi Gesprécher zu engem Erfolleg féieren. Mir sinn der Meenung, dass dat virum Enn vum Joer muss ofgeschloss ginn. Dir wësst, dass d'AGDL, d'Association pour la garantie des dépôts Luxembourg, ugefaangen huet 20.000 Euro Client vun där Bank ze entschiedegen, well et och noutwendeg war fir deene Leit entgéint-zekommen.

Wann de Lëtzebuerger Stat géif doriwwer eraus eppes maachen, well mer an déi schwierig Situatioun falen, wou déi Bank do an engem Moment a Liquidatioun gemaach ginn ass, wou just den ECOFIN-Conseil decidéiert hat, déi Garantien an all de Länner e bëssen ze héijen, da géife mer dat net eleng maachen. Mä ech hunn d'lescht Woch Gesprécher mat der belscher Regierung zu Bréissel gefouert, fir sécherzestellen, dass mer dann e supplementaren Effort géife gemeinsam maachen.

Duerfir, ech kann also de Fait vun esou Gesprécher confirméieren. D'Detailer dovun entsprechen net der Realitéit. D'Detailer wäerte mer selbstverständlech, esou wéi mer dat bis elo gemaach hunn, och mat der zoustänneger Finanzkommissioun vun der Chamber diskutéieren, sollt et zu engem Accord kommen, an deem ech d'Regierung géif abréngen. Mir sinn awer fir haut nach net un deem Punkt. Sollt dat an deenen nächsten Deeg geschéien, wäerte mer selbstverständlech froen, fir kënnen an der Finanzkommissioun e Bericht ze maachen.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vun de Projets de loi iwwert de Bau vun enger Maison du Savoir zu Belval, an de Projet iwwert de Bau vun engem Verwaltungsgebai, och op Belval. D'Rapportrice, déi honorabel Madame Andrich-Duval, huet elo d'Wuert, fir de Rapport vun deenen zwee Projeten ze maachen, déi mer duerno an enger Diskussioun vidéiere wäerten. Madame Andrich-Duval, wann ech gelift.

4. 5897 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison du Savoir à Belval pour les besoins de l'Université du Luxembourg

5898 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment administratif pour compte de l'État à Belval

Rapports de la Commission des Travaux publics

» Mme Sylvie Andrich-Duval (*CSV*), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer dann elo hei virhuelen, läit am enkem Zesummenhang mat deem nächsten, well et handelt sech och ëm e Projet vun den Industriebroochen zu Belval, an zwar an deem Fall ëm d'Maison du Savoir, d'Haus vum Wëssen also, wat d'Häerzstéck vun der Uni Lëtzebuerg duerstellt. Dofir huet d'Bautekommissioun och proposéiert, déi zwee Gesetzesprojeten zesummen ze behandelen, wat eng méi grouss Kohärenz bei der nofolgender Diskussioun wäert erlaben.

De Projet de loi 5897 gouf den 2. Juli 2008 vum Här Bauteminister Claude Wiseler hei an der Chamber déposéiert. De Projet war motivéiert an hat en techneschen Deel. Et louch och eng Käschtenaschätzung bäi, gradesou wéi e Bauprogramm an déi passend Baupläng. An der Bautekommissioun vum 22. September 2008 gouf ech als Rapportrice vum Gesetzesprojet genannt. De Statsrot huet du sän Avis den 21. Oktober ofginn. Doropshi goufen an der Bautekommissioun vum 24. November de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert.

Op Propos vun der Bautekommissioun sinn an enger gemeinsamer Sitzung vun der Bautekommissioun an der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture de 27. November den aktuellen Entwécklungsstand vum Bau vun der Cité des Sciences gradesou wéi d'theoretisch Konzept vun der Uni Lëtzebuerg

présentéiert ginn. Dat a Präsenz vun den Här Ministere Wiseler a Biltgen souwéi vun de Responsabele vum Fonds Belval an dem Recteur vun der Universitéit. De schriftleche Rapport gouf dann an der Sitzung vum 1. Dezember eestëmmeg ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem heite Projet gëllen déiselwecht Remarquë wéi bei deem nächsten, wat d'Dezentralisatiounspolitik vum Stat ubelaangt. Ech wäert do méi am Detail drop agoen. Et geet op 2005 zrëck, wou d'Regierung de Site Belval als Sëtz vun der Uni Lëtzebuerg zrëckbehalen huet.

An enger éischter Etapp sollen d'Fakultéit vun de Wëssenschaften, der Technologie an der Kommunikatioun souwéi d'Fakultéit vun de Sproochen an den Humanwëssenschaften, der Konscht an den Erzéiungswëssenschaften, an ausserdeem d'Infrastruktur vum Enseignement an de Rektorat mat der zentraler Verwaltung vun der Uni hei entstoen. Eng definitiv Décisioun iwwert de Sëtz vun der Fakultéit vum Droit, der Économie an de Finance steet awer nach aus.

Wéi gewosst, stellt d'Uni Lëtzebuerg den Haaptdeel vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation duer. Fir d'Besoinë vum der Uni sinn eleng eng eelef Gebai virgesinn, en plus vum Gebai Biotec. Mä och d'Fuerschungszentre Gabriel Lippmann, Henri Tudor an de Centre d'études de populations, de pauvreté et de politiques socio-économiques, den CEPS/INSTEAD ginn hei realiséiert.

Et ass dëst eng exzeptionell Chance fir d'Uni Lëtzebuerg, an en neie Stadquartier kënnen implantiert ze ginn. Esou kënnen all hir Elementer an d'Stadbild an an d'städtesch Aktivitéiten integréiert ginn.

Dofir wëll ech nach eng Kéier ee vun deene wichtigsten Aspekter vun der Cité des Sciences ervirhiewen. Dat ass d'Mixitéit vun den Aktivitéiten an hire connexë Gebailechkeeten. Hei fannen nieft der Uni kulturell a Fräizäitaktivitéite statt. Et gëtt e Geschäftsliewe geschaf, dat jo schonn ugefaangen huet ze fonctionnéieren. Ausserdeem entsteet Wunraum gradesou wéi Plaz fir privat an öffentlech administrativ Servicer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo de Bauprogramm vun der Universitéit kuerz belichten. D'Universitéit Lëtzebuerg ass geschaf ginn duerch d'Gesetz vum 12. August 2003, wou hir Missiounen an Objektiv definéiert ginn an op déi ech op dëser Plaz net weider wäert agoen. Fir hir Besoinen un Infrastrukturen ze evaluéieren, ass sech op statistesch Donnéeë baséiert gi vum HIS. Dat ass den Hochschulinformationssystem, eng däitsch parastaatlech Gesellschaft, déi schonn Erfahrung op deem Gebitt huet.

Et gëtt dermat gerechent, dass d'Populatioun vun de Studente vun engem jëtzege Stand vu 4.400 op 7.200 wäert eropklammen um Horizont 2020.

Nieft de Studenten ass d'Entwécklung jo och enk gebonnen un d'Entwécklung vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, déi an Zukunft nach soll méi staark gefördert ginn. Dofir gëtt fir 2020 mat engem 2.357 Fuerscher gerechent, an zousätzlech mat ronn 600 Mann Hëllefspersonal.

Dann ass och eng Programmation erstellt ginn, wat d'Natur, d'Zuel, d'Heefegkeet an d'Fréquentatioun vun den Uniscoursen ugeet. D'Infrastrukture sollen optimal genotzt ginn an et muss eng Reserv virgesi ginn. Fir operationell ze bleiwen, därer den Nutzungsgrad vun de Säll 85% net iwwerschreiden. An enger éischter Phas souguer gëtt vun engem Nutzungstaux vu 65 bis 70% ausgaangen. Et ass och méiglech, d'Beleungsziäite vu 40 Stonnen an der Woch op 60 Stonnen eropzeschrauwen.

De Bauprogramm soll am Prinzip an dräi Phasen erfollegen, wouvun déi zwou éischt déi wichtegst sinn.

Déi éischt Phas gesäit de Bau vun der Maison du Savoir vir, woumat mer eis haut jo befaassen, an do ronderëm ginn dann no an no déi verschidde Gebai opgeriicht, déi thematesch opgedeelt ginn. Esou zum Beispill d'Haus vun de Wëssenschaften, d'Maison du Nombre oder d'Haus vun den Humanwëssenschaften. Den Areal vun der Gebléishal bleift reservéiert fir deen eventuell spéideren Ausbau vun der Uni.

Dat generell Konzept gesäit vir, dass Synergien tëschent deene verschiddenen Haiser sollen entstoen am Kader vun de Fuerschungsprojeten. Dat ënner enger gemeinsamer administrativer Verwaltung.

Wa mer de Projet aus engem urbanistesche Bléckwénkel kucken, soll dat neit Gebai op déi nördlech Partie vun der Héichuewen-terrass stoe kommen. Hei stéisst industriell

Vergaangenheet op déi nei Entwécklung vun der Regioun, markéiert duerch Héich-iewen engersäits, an den Tour vun der Dexia anerersäits.

Ech wëll och ervirhiewen, dass net méi spéit wéi d'lescht Woch op der Place de l'Université, direkt am Agank vu Belval, déi méi wéi zéng Meter héich Stèle vum Jhang Meis als Erënnerung u Generatiounen vu Schmelzaarbechter ageweit gouf. Dës Silhouette gétt elo komplettéiert duerch den iwwer 80 Meter héijen Tuerm vum Haus vum Wëssen, deem e staarkt Signal an deem homogene Kader vun den themateschen Haiser ronderëm wäert ginn.

Architekturméisseg ass d'Gebai kloer an zwou Entitéite strukturéiert an an engem zäitlose Stil gehalen. Dat eent Gebai huet d'Form vun enger Barre an et huet en eegenen Accès. Do kommen deem Deel vum Enseignementszentrum an d'Partie vum Konferenzzentrum dran.

Hei fannen engersäits déi theoretesch Coursen fir d'Bachelor-Niveaue statt, anerersäits kënnen och Leit vu baussen hei u Konferenzen oder Séminairen deelhuele. Dat erlaabt et, d'Raimlechkeeten optimal auszenotzen.

Dofir ass d'Gebai och ganz flexibel konzipéiert. Et ass an zéng Zonen agedeele: Do ass den Entréeshall; de groussen Amphitheater, an eng ganz Rei méi kleng Amphitheateren; weider Säll, fir Coursen ze halen; en Accueil fir d'Proffen; en Accueil fir d'Studenten; eng Verwaltung; de Restaurant; d'Logistik an de Parking.

Dat zweet Gebai ass dann den Tuerm, bei deem eng gewëss Reservmarge kalkuléiert gouf an dat och e separaten Agank huet. Do kennt d'Administratioun an d'Direktioun vun der Uni dran, déi vum Conseil de gouvernance, dem Rektorat an der Direktioun vun den thematesche Pôlë gemanagt gétt. Si ginn op déi ieweschte Stäck placéiert. Funktionell bedéngt dat, dass d'Raimlechkeete vun der Direktioun musse getrennt si vun deem Deel, an dee vill Studenten erakommen.

D'Direktioun brauch Büroen, Réunionssäll an e VIP-Accueil. Fir d'Studente si Receptiounssäll fir Informations- a Berodungsaarbecht souwéi Büroen virgesinn. Déi sinn op den éischte Stäck no beim Gebai vum Enseignement. Op den Tëschenetage sinn dann déi aner Servicier vun der Verwaltung ënnerbruecht. Selbstverständlech ass d'Gebai och accessibel fir Leit mat enger Behënnerung.

D'Fassad vum Haus vum Wësse kritt bal wéi eng duebel Haut, déi een héije Sonneschutz wäert erméiglechen. Fir déi Partien, déi de Wiederkonditiounen am meeschten ausgesat ginn, si Materialer virgesinn, déi kee weideren Ennerhalt brauchen. D'Fënstere sinn aus Holz an Aluminium a sinn duebel verglaast.

Dann zur Energie. D'technescht Konzept vum Gebai ass esou, dass den Energieverbrauch soll verstänneg niddreg bleiwen, fir d'Ennerhaltskäschten a Grenzen ze halen. Am Wanter soll et e Minimum vum Hëtzerloscht ginn, an am Summer soll esou wéineg wéi méiglech Hëtzt vu baussen erakommen.

Déi Raimlechkeeten, déi an der Fassad leien, gi mat Konvektoren gehëtzt, déi an d'Fassad placéiert ginn. Am Gebai vum Enseignement ass eng mechanesch Ventilatioun virgesinn an an deenen anere Lokaler loossen d'Fënstere sech opmaachen, fir ze léften. Fir déi weider technesch Detailler vum Gebai verweisen ech op d'Partie «Génie technique» vum Gesetzesprojet.

De Käschtelpunkt vun deem heite Bauprojet soll bei 136.200.000 Euro beim Bauindex 646,07 vum 1. Abrëll 2007 leien. Bäizefügen ass, dass de Käschtelpunkt vum Parking hei net mat abegraff ass. Dorop ginn ech nach spéider an.

Wat d'Entretienskäschte vun de Lokaler an de järelechen Energieverbrauch ubelaangt, esou sinn déi pro Joer op ëm déi 2.060.000 Euro geschätzt.

Och wëll ech zum Schluss nach op den Avis vum Statsrot agoen. A sengem Avis vum 21. Oktober 2008 huet de Statsrot säin Accord de principe zum virleiende Gesetzesprojet ginn. Déi héich Kierperschaft seet awer, si hätten Schwierigkeeten, fir ze apprécieieren, ob genuch Terrain do ass, fir all d'Gebäier vun der Uni ënnerzekeréieren. D'Chiffréiere vun de Besoiné sinn hir ze vag an d'Dimensiounen vum Projet souwéi d'Délaien, an deene se solle realiséiert ginn, ebenfalls.

Dann hieft de Statsrot ervir, dass de Käschtelpunkt vum Parking net am Devis mat abegraff ass. En hätten virgezunn, dorüwwer méi Informatiounen ze hunn. Den Här Baute-minister huet d'Membere vun der

Bautekommissioun informéiert, dass hei en alternative Finanzement ugestriift ass, deem ënner Form vun enger „public private partnership“ soll lafen.

Zum Parking mengt de Statsrot dann nach, dass mat 500 virgesinnene Plazen d'Attraktivitéit ze grouss wier fir den Individualverkéier. Hei hätten e sech méi Renseignementer iwwert d'Mobilitéitskonzept an den „modal split“ gewënscht.

Och huet de Conseil d'État sech dann nach gefrot, ob d'Energiekonzept deene leschten Erkenntnisser op deem Gebitt géif entsprechen.

Bei den Diskussiounen vum Gesetzesprojet huet d'Bautekommissioun all de redaktionelle Remarquë vum Statsrot sengem Avis Rechnung gedroen an iwwerens den Titel vum Gesetzesprojet geännert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss och all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffen an der Bearbechtung vum Gesetzesprojet bedeelegt waren.

Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, emol virleefeg fir Är Opmierksamkeet, well ech erlabe mer dann direkt op deem zweete Projet de loi iwwerzegoen, dee mer um Belval-Site realiséieren.

Dee virleiende Projet 5898 wäert et erlaben, en neit Gebai fir d'Ëmweltverwaltung, d'Waasserwirtschaftsamt, déi national Kommissioun vum Dateschutz an de Fonds Belval op den Industriebrooche vun Esch-Belval opzeriichten. De Projet de loi gouf den 2. Juli 2008 vum Baute-minister Claude Wiseler hei an der Chamber déposiert. De Projet war motivéiert, hat och en technesch Deel gradesou wéi e Bauprogramm. Et louchen och eng Finanzfiche a Baupläng bái.

De Statsrot huet säin Avis den 21. Oktober 2008 ofginn. An der Bautekommissioun vum 10. November ass de Projet de Membere virgestallt ginn an den Avis vum Statsrot gouf analyséiert. An därselwechter Sitzung sinn ech als Rapportrice vum Gesetzesprojet bestëmmt ginn. De schrëftleche Rapport gouf dann an der Sitzung vum 19. November eestëmmeg ugeholl.

Fir d'éischt wëll ech bemierken, dass de virleiende Projet der Regierungspolitik entsprécht, déi eng Modernisatioun vun den Infrastrukture vun der Fonction publique, eng Käschterreduktioun, haaptsächlech vun de Loyerskäschten, eng Dezentralisatioun vun de Statsservicer an eng nohalteg Entwécklung upeilt. D'Agglomeratioun vun Esch, déi e regionalen Entwécklungspôle ass, huet sech mat hiren Industriebrooche vu Belval beschteens dozou gëeegent.

Ech wëll ënnersträichen, dass dëst eng Chance unique fir d'Entwécklung vun der Regioun Süde vum Land ass, déi et ënner anerem erlaabt, déi territorial Organisatioun hei am Land an d'Gläichgewicht ze bréngen an d'Liewensqualitéit vun de Bierger ze verbessern.

Sämtlech öffentlech Aktivitéiten op den Industriebrooche vu Belval gi jo bekanntlech ronderëm den zentrale Projet vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation entwéckelt a maache 40% vun de bebaubare Fläche vum Site aus. Fir d'Ëmsetzung vun deene Projeten ass jo de Fonds Belval zoustänneg.

D'Cité des Sciences erméiglecht et, nieft der Uni Lëtzebuerg mat den öffentleche Recherchezentren och Statsverwaltungen a kulturell Infrastrukture gradesou wéi Privatentreprises op engem Site ze konzentrieren. Ech hat dat scho virdrun erwähnt. Esou gétt et méiglech, fir eng Zesummenaarbecht tëschent all den Acteuren erbäizeféieren.

Engersäits bestinn elo scho Synergien tëschent der Ëmweltverwaltung an dem Waasserwirtschaftsamt, zemoos wat d'Labosaarbechten ubelaangt; anerersäits schafft d'Ëmweltverwaltung och elo scho mam Zentrum vun den Ëmweltressourcen an -technologien, dem CRTE, zesummen, deem ënnert der Tutelle vum öffentleche Fuerschungszentrum Gabriel Lippmann fonctionnéiert.

D'Uni Lëtzebuerg bitt hirersäits Formatiounen an de Beräicher Energie an Ëmwelt. Esou entstinn nei Méiglechkeete vun Zesummenaarbecht. D'Statsverwaltungen kënnen der Uni hier praktesch Wëssen am Ëmweltschutz viruermëttelen. Si kënnen awer och op d'Formatioun vun de Studenten awierken, andeems si hinne Stagen ubidden. A schliesslech kënnen nei gemeinsam Fuerschungsprojete gestart ginn.

An deem neien administrativen a Labosgebai muss genuch Plaz an och eng Reserv virgesi ginn:

- éischstens, fir d'Ëmweltverwaltung. Si ass prioritär zoustänneg fir d'Preventioun vun der Ëmweltverknaschtung an där vun der Natur. Eng Verknaschtung, déi duerch d'Aktivitéite vum Mënsch provozéiert gétt. Si ass an dräi Divisiounen organiséiert, ënner enger Direktioun. Et sinn dëst: d'Divisioun Loft a Kaméidi, d'Offaldivisioun an d'Divisioun, déi sech ëm de Kommodo/Inkommodo bekëmmert. Et sinn do ronn 90 Leit beschäftegt, déi mëttelfristeg op 100 sollen eropgoen. Fir hir Aktivitéite kënnen auszuféieren, brauch dës Verwaltung Büroen, Versammlungsraum, technesch Lokaler, Archiven, spezielle Stockageraum fir Materialer a Laboratoiren;

- zweetens muss d'Waasserwirtschaftsamt hei ënnerbruecht ginn. Dës Verwaltung ass zoustänneg fir eng integréiert an nohalteg Gestiou vun de Waasserreserven a vum Waassermilieu an huet de gesetzlechen Opdrag, fir dës ze schützen. Weider ass si zoustänneg fir d'Ëmsetze vun der europäescher Waasserkaderdirektiv. Heiduerch ginn d'Fuerschungsarbechten iwwert d'Waasser a säin Ëmfeld néideg, gradesou wéi d'Labosaarbechten am Beräich vun de biologeschen a chemeschen Analysë vum Waasser. Weider huet si d'Missioun, fir de Fëschbestand an d'Fëscherei ze iwwerwaachen. Si ass a véier Divisiounen organiséiert a mëttelfristeg gétt mat bis zu 100 Mann Personal gerechent. Fir all dat brauch d'Waasserwirtschaftsamt och Büroen, Versammlungsraum, technesch Lokaler, Archiven, Ofstellraum a virun allem Laboratoiren;

- drëttens ass och de Sëtz vun der nationaler Dateschutzkommissioun hei virgesinn. Si ass do, fir ze iwwerpräiwen, ob d'Behandlung vun de perséinlechen Date legal ass a muss d'Fräiheet an d'elementar Rechter vun de Persounen am Beräich vum Dateschutz garantéieren. Si schafft a kompletter Onofhängegkeet. Si fënnt an deem neie Gebai optimal Konditiounen, well déi technesch Équipementen modern a sécuriséiert sinn an hire Besoiné vun engem ofgesécherchten informatésche Réseau a vun enger Ubannung un de Centre informatique vum Stat entsprechen. D'Kommissioun ass a fënnf Servicier opgedeele an et schaffen eng ronn 15 Leit do, déi deels vun externe Beroder assistéiert ginn;

- véiertens a last but not least soll de Fonds Belval säin neie Leeër hei fannen. De Fong ass jo en Établissement public, deem 2002 duerch Gesetz geschaf gouf, a Bauherr vu sämtlechen öffentleche Bauprojete vun der Cité des Sciences, eng ëm déi 20 Projete vu gréisserer a mëttlerer Envergure.

Am Moment setzen déi 25 Mataarbechter an engem provisoiresche Préfabriqués-Gebai. Elo sollen am neie Gebai déi néideg Büroen, Versammlungsraum, technesch Lokaler an och Archivraum zur Verfügung gestallt ginn.

Ervirsträiche wëll ech nach, dass och gemeinsam Infrastrukturen an deem Gebai virgesi sinn, fir esou méi spuersam ze bauen. Dat neit Gebai soll op en Terrain vun 3.000 m² stoe kommen, südöstlech vun der Héichuewenterass, ganz no bei d'Industriemonumenten. Et ass e Gebai mat engem Tuerm, deem e Repère an der urbanistescher Landschaft soll sinn. Et ass alignéiert op Niewegebauer, an zwar d'Rockhal an d'Gebai vun der fréierer Direktioun vun den Héichiewen, wou d'Agora hire Sëtz de Moment huet.

E klengen erfreetlechen Detail, besonnesch fir eis gréng Kolleegen: Et bleiwen zwou schéi Platanen erhalen op dem Site, déi et erméiglechen, d'Entrée ganz accueillant ze gestalten.

Architekturméisseg huet d'Gebai dräi Deeler: de Sockel oder ënneschten Deel mat deene verschiddenen Accésen an de Laboratoiren, dann den Tuerm oder héijen Deel mat deenen administrative Flächen an dann de Sous-sol mat deem ënnerirdesche Parking an den technesche Lokaler.

Deen ënneschten Deel huet véier Niveaue, de Rez-de-chaussée mat deene gemeinsame Raimlechkeete wéi der Entrée, dem Foyer, der Réceptioun an engem groussen Konferenzraum, dann op dem éischten, zweeten an drëtten Stack sinn d'Laboe mat hire jeeweilege Büroen fir d'Waasserwirtschaftsamt an d'Ëmweltverwaltung virgesinn.

Den Tuerm huet zwielf voll Niveaue mat Büroeraimlechkeeten. D'Büro si modulabel an déi verschidde Stäck kënnen total onofhängeg vunenee genotzt ginn. Op Niveau 5 bis 7 kennt d'Waasserwirtschaftsamt. Den Niveau 8 ass fir déi national Dateschutzkommissioun. D'Ëmweltverwaltung kennt hirersäits op d'Niveaue 9 bis 13, an de Fonds Belval kennt op de 14 an de 15. Dee leschte Stack ass da reservéiert fir d'technesch Lokaler.

De Sous-sol huet nëmmen een Niveau an ass fir d'Déngschtween reservéiert. Dann ass nach eng Annex baussent dem Gebai geplangt. Dat ass fir den Dépôt vu geféierleche Produiten, déi an de Laboe gebraucht ginn.

Dann nach e puer erausgepickten Detailler zu de gebrauchte Baumaterialien. D'Gebai kritt eng traditionell Fassad am Klinker an dräifach verglaaste Fënsteren. D'Bürofenstere kënnen och individuell opgemaach ginn a kréie baussesch Storen, fir géint d'Sonn ze schützen, déi zentral elektresch gesteuert ginn. De Sockel an den Tuerm kréien e begrëngten Daach, fir en Deel vum Reewaasser zréckzehalen. Fir den Entréesberäich si grouss Dallen am Naturstee virgesinn, an an de Büroen an de Versammlungsraum soll Parquet geluecht ginn.

Fir dann Energie ze spueren, huet d'Gebai eng performant Isoléierenveloppe. Déi mechanesch Ventilatiounsanglag huet eng thermesch Récupératioun, a just d'Laboen hunn eng Klimaanlage. D'Waarm-Waasser-Zubereedung fir d'Laboe gétt vun enger thermescher Solarproduktiounsanglag ënnerstëtzt. Fir déi weider technesch Detailler verweisen ech och hei op d'Partie «Génie technique» vum Gesetzesprojet.

De Käschtelpunkt vum Bauprojet ass op 57.073.000 Euro beim Bauindex 646,07 vum 1. Abrëll 2007 chiffréiert. Wat d'Entretienskäschte vun deene Lokaler an de järelechen Energieverbrauch ubelaangt, esou sinn déi pro Joer ëm déi 1.139.000 Euro geschätzt.

Elo wéilt ech nach zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, op den Avis vum Statsrot agoen. A sengem Avis vum 21. Oktober 2008 huet de Statsrot säin Accord de principe zum virleiende Gesetzesprojet ginn. En apprécieiert d'Dezentralisatiounspolitik vum Stat a fënnt déi méiglech Synergien tëschent den Administratiounen an der Uni Lëtzebuerg positiv. Bei den Diskussiounen vum Gesetzesprojet huet d'Bautekommissioun all de redaktionelle Remarquë vum Statsrot sengem Avis Rechnung gedroen an och souguer hei d'Ännerung vum Titel vum Gesetzesprojet virgeholl.

Déi héich Kierperschaft bedauert, dass den Energiekonzept net aus enger dokumentéierter systematescher Démarche eraus entwéckelt gouf an approuvéiert awer soss d'Energiespuermoossnamen, déi geplangt sinn. Och félicitéiert déi héich Kierperschaft de Promoteure vum Projet, dass op den „modal split“ opgepasst gouf an den öffentlechen Transport hei zum Droe kennt, well wéineg Parkplazen am Gebai virgesi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och hei wëll ech e kuerze Merci soen un d'Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun an och un den Här Baute-minister a seng Verwaltung fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. An lech, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hir zwee Rapporten, a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Clement.

(Interruptions)

Discussion générale

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dann awer och der Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, villmools Merci soe fir déi Exactitude, mat där se déi zwee Rapporten hei, souwuel dee mëndleche wéi och dee schrëftlechen, gemaach huet. Ech mengen, mir sinn dat esou vun hir gewinnt, oder besser gesot, d'Chamber ass dat esou vun hir gewinnt. An dofir hir villmools Merci.

Elo awer zum Projet selwer. Här President, mir sollen haut hei an der Chamber iwwer zwee Bauprojete ofstëmme, déi sech op den éischte Bléck net besonnesch vun anere Projeten ofhiewen, déi mer am Laf vun dëser Legislaturperiod scho gestëmmt hunn.

Wann een déi zwee Projete awer méi genee analyséiert, da stellt ee ganz séier

fest, datt si alle béid eng grouss Envergure hunn, well si sinn nämlech en Deel vun engem vill méi grousser Projet, an deem de Lëtzebuerger Stat zënter dem Enn vun de 90er Jore massiv investéiert huet an och - dovunner ginn ech aus - nach investéiere wäert, fir datt en enges Daags och Wierklechkeet gëtt.

Bei béide Projekte geet et ëm d'Urbaniséierung vun den alen Industriebroochen op Esch/Belval. 1997 huet déi fréier ARBED op hirem Produktiounssite Esch/Belval de leschten Héichuewen ausgemaach. Domadder ass e laangt a bedeutungsvoll Kapitel vun der Lëtzebuerger Stolindustrie zu Enn gaang. Gläichzäiteg sinn awer och riseg Terrainë fräi ginn, déi bis viru kuerzem einfach broochlouchen.

Fir der Minettesregioun, déi als grouss Industriezon dem Land a sengen Awunner awer während Jorzéngten e grouss wirtschaftleche Wuesstum an domadder verbonnen och materielle Räichtum bruecht huet, d'Schicksal vun der Perspektivlosegkeet ze erspueren, huet de Lëtzebuerger Stat decidéiert, fir d'Potenzial vun den Industriebroochen zu Esch/Belval ze notzen an dee Site zum Virbild vun enger neier Politik vun der administrativer an der wirtschaftlecher Dezentralisatioun an enger moderner Landesplanung ze maachen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Sou huet de Stat insgesamt dräi grouss wirtschaftlech Pölen hei am Land definéiert, déi allen dräi entwéckelt solle ginn, fir den zukünftege wirtschaftleche Wuesstum op bestëmmte Siten ze konzentréieren an en doduerjer besser wéi bis elo och ze steieren oder steieren ze kënnen.

De Site Belval wäert als Häerzstéck vun der Rekonverssioun vun den Industriebroochen am Süde vum Land ee vun deenen dräi nationalen Entwécklungspôle ginn. Andeems Esch/Belval zu engem neien urbanen Zentrum am Süde vum Land gëtt, gëtt op där anerer Säit d'Stad Lëtzebuerg an Zukunft entlaascht, an d'Minettesregioun wäert an engems eng nei wirtschaftlech, demographesch, kulturell a sozial Perspektiv kréien.

Am groussen Ganzen iwwerhëlt Esch/Belval u sech nees d'Roll, déi soss ëmmer d'Stolindustrie gespillt huet. Et léisst d'Regioun vum Süden nees opbléien an erfëllt se mat neiem Liewen. Esou soll tëschent de Gemenge Suessem an Esch eng richtig Stad mat bis zu 8.000 Awunner an 20.000 Aarbechtsplazen entstanen. An där neier Stad solle Betriber, öffentlech Administratiounen, Déngschtleeschungsservicer, kulturell Infrastrukturen, Schoulen, Héichschoulen a Fuerschungszentren niefenteneen a matenee bestoen.

D'Rekonverssioun vun Esch/Belval bitt deemno d'Méiglechkeet, fir déi territorial Organisatioun vum Land an en neit Gläichgewicht ze bréngen a soll zum beschte Bewäis fir d'Ëmsetze vun öffentlechen Investissementer ginn. Och wa schon eenzel privat Investoren zu Belval aktiv sinn an an Zukunft nach wäerte ginn, esou wär Esch/Belval ouni déi staatlech Finanzmëttel ganz einfach ondenkbar.

Déi vum Stat geplangte Projete um Belval stellen nämlech net manner wéi 40% vun der bebaubarer Fläch duer. De wichtigsten öffentleche Bauprojet, souzesoen d'Häerzstéck vun der Entwécklung vum Site Belval, ass d'Konstruktioun vun der Cité des Sciences et de l'Innovation, déi op den Héichuewenterrasse gebaut gëtt an op d'mannst zwou vun deenen dräi Fakultéite vun der Uni Lëtzebuerg ophuele wäert, an zwar d'Fakultéit vun de Wëssenschaften, der Technologie an der Kommunikatioun an d'Fakultéit vun den Humanwëssenschaften, der Konscht an den Éducatiounswëssenschaften. Derniewent wäerte sech och d'Rektorat an déi ganz Administratioun vun der Uni souwéi eng ganz Rei Fuerschungszentren an der Cité des Sciences instaléieren.

D'Cité des Sciences ass fir de Stat dee Projet, deem aner öffentlech a privat Investissementer unzéien an dat soziaalt a wirtschaftlecht Potenzial vum Site Belval entwéckele soll. De Stat wäert net manner wéi 566 Milliounen Euro an d'Cité des Sciences investéieren. Nieft der Cité des Sciences wäert och nach an den ale

Vestiaire vun den Héichuewen eng Pépinière d'entreprises entstanen.

D'Cité des Sciences wäert der Uni Lëtzebuerg déi Plaz bidden, déi se brauch, fir déi eenzel Fakultéite mat hiren enges Daags bis zu 7.000 Studenten an 2.300 Fuerscher ënnerzékriien. Well d'Uni sech weiderentwéckelen a vergréissere wäert, gëtt déi al Gebléishal erhalen, dëst och en vue vun enger eventueller Implantatioun vun der Rechts-, Wirtschafts- a Finanzfakultéit op Esch/Belval.

Och dowéinst wäert d'Cité des Sciences aus zéng bis 15 vuneneen onofhängegen themateschen Haiser bestoen. Jiddwer Haus wäert dobäi ënner sengem Daach ganz spezifesch Fonctiounen vereenen. Op dës Aart a Weis solle Synergien tëschent deenen eenzelnen Acteuren, déi an der Cité des Sciences schaffen, geschafe ginn. Déi eenzel universitär Haiser wäerte sech mat anere privaten an öffentleche Gebaier zu engem richtige Quartier vermëschen, well den Urbaniséierungsprojet Belval eng Stad schafe wäert, déi urbaant Liewe mat universitärem Liewe verbënnt. D'Uni wäert deemno en Deel vun der Stad ginn...

» M. Félix Braz (Déi Gréng).- E schéine Quartier vun der Stad Esch.

» M. Lucien Clement (CSV).- E schéine Quartier vun der Stad Esch. Ech loosse mech gär beléieren, ech hat et och net anescht geduecht, mä ech hat geduecht, dann en neie Staddeel ze kréieren.

(Interruptions)

» Une voix.- Ass et herno net ëmgedréint, Här Braz?

» M. Lucien Clement (CSV).- Net datt Esch eng Virstad vun der Uni gëtt.

Also, d'Uni wäert deemno en Deel vun där Stad, an d'Stad en Deel vun där Uni ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Maison du Savoir, iwwert déi mer haut ofstëmme, wäert den éischte konkrete Projet vun der Cité des Sciences sinn, déi op den Héichuewenterrassen ëmgesat wäert ginn. Dëst Gebai wäert de Stat 136,2 Milliounen Euro kaschten. Eng grouss Zomm, déi sech awer duerch déi fundamental Fonctioun vun deem Gebai fir d'Uni erkläert. D'Maison du Savoir wäert nämlech fir déi meeschte Studenten dat wichtigst Gebai ginn, well an deem Gebai déi allgemeng Coursë gehale wäerte ginn a sech ausserdeem d'Rektorat an d'Administratioun vun der Uni och do befanne wäerten.

D'Maison du Savoir ass also ee vun de Piliere vun der Cité des Sciences, e Gebai, wat zu engem zentralen Unzéiungspunkt wäert ginn. Dofir ass d'Maison du Savoir dann och esou konzipéiert, datt si de Studenten an dem Universitëitspersonal genuch Plaz ubidde wäert, an doriwwer eraus och nach externe Benotzer a Visiteuren d'Méiglechkeet gëtt, fir Konferenzen do ze organiséieren.

Niewent dem Bau vun der Cité des Sciences wäert de Stat och nach en éischt administratiivt Gebai op Belval bauen. D'Konstruktioun vun esou engem administrativen Gebai op Esch/Belval ënnersträicht der Regierung hire Wëllen, fir déi staatlech Administratiounen ze dezentraliséieren an déi regional Zentren, déi an der Landesplanung definéiert goufen, och nach ze verstärken. Duerch Verdeelung vun de staatleche Servicer ginn also déi eenzel Regiounen vum Land och revaloriséiert.

Dat administratiivt Gebai zu Esch/Belval wäert, esou wéi d'Cité des Sciences, op den Héichuewenterrasse gebaut ginn. An dësem éischte staatlechen Administratiounsgebai wäerte sech ënner anerem d'Laboratoire vun der Administration de la gestion de l'eau an déi vun der Ëmweltadministratioun befannen.

D'Regierung huet ganz bewusst en administratiivt Gebai an der Géigend vun der Cité des Sciences geplangt, fir duerch dës Proximitéit d'Kooperatiounsméiglechkeeten tëschent der Universitéit, de Fuerschungszentren an de staatlechen Administratiounen ze schafen. Esou kann eng Symbios tëschent de Fuerscher, déi an de Laboratoire vum Stat, an de Fuerscher, déi op der Uni respektiv och an deene private Fuerschungszentren schaffen, geschafe ginn. Déi staatlech Administratiounen kënnen hiert Wëssen un d'Uni weiderginn, an d'Studente vun der Uni, déi e Stage maache wëllen, hiert un déi eenzel Administratiounen weiderginn.

Här President, nieft der Tatsaach, datt d'Maison du Savoir an dat staatlecht administratiivt Gebai ouni Zweifel d'Entwécklung vum Projet Belval virundreiwe wäerten, wëllt ech awer och nach kuerz drun erënneren, datt béid Projete den öffentlechen

Transport um Site Belval fördere wäerten. De Projet selwer gesäit keng finanziell Ausgab - an ech mengen, d'Rapportrice ass schonn drop agaange - fir Parkplaze vir, well déi 500 Parkméiglechkeeten, déi an der Maison du Savoir virgesi sinn, sollen iwwer alternativ Weeër finanzéiert ginn. Ech denken, datt dat iwwer e PPP geschitt, an datt de Projet dann och no deene Prozeduren, déi do virgesi sinn, ausgeschriwwen gëtt.

Mir kruten och an der Kommissioun vum Här Wiseler matgedeelt, datt déi 500 Parkplazen engem „modal split“ vu 40/60 géifen entsprechen. De Site ass duerch seng Proximitéit zu der Gare vun Esch optimal un den öffentleche Verkéiersréseau ugebonnen. Déi zwee geplangte Gebaier wäerten esou gebaut ginn a funktionnéieren, datt se nëmmen e Minimum vun Energie verbrauchen. D'Förderung vum öffentlechen Transport an de Schutz vun der Ëmwelt sinn deemno en integrale Bestandteil vun deenen zwee virleiende Projeten.

Här President, d'Maison du Savoir an dat administratiivt Gebai sinn also ënnert dem Stréch just en Deel, jo den Ufank vun eppes méi Groussem, nämlech dem Urbaniséierungsprojet Belval, deem als Virbild vun enger gelongener Rekonverssioun vun deenen alen Industriebroochen ze kucken ass. Aus all dëse Grënn, Här President, déi ech elo opgezielt hunn, wäert et dann natierlech och keen heibanne wonneren, datt ech och nach den Accord vun der CSV ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, déi Zomm, iwwert déi mer haut ofstëmme, déi ass enorm. Dat sinn 193,2 Milliounen, wann een déi zwee Projete zesummerechent: 57 Milliounen fir d'administratiivt Gebai fir den Ëmweltministère, d'Waasserwirtschaftsamt, d'national Dateschutzkommissioun an de Fonds Belval, an 136,2 Milliounen fir d'Maison du Savoir vun der Universitéit.

D'Madame Rapportrice huet eng ganz Rei Detailler iwwert de Projet ginn, fir déi ech se wëllt félicitéieren, esou dass ech net am Detail op déi zwee Projete wëll agoen, mä just e puer Froen am Zesummenhang mat den Investissementer stellen.

D'Zomm vun 193,2 Milliounen ass u sech scho spektakulär, mä si ass nach méi spektakulär, wann ee weess, dass dat do e Stéck vun engem Ganzen ass. D'Regierung, oder de Stat, oder d'Regierung mat Statsgelder, wëllt jo op deem do Site zu Esch/Belval e Gesamtinvestitiounspak vun enger Milliard virgesinn. Dat ass eng gewaltig Zomm! Eng Milliard Euro, dat sinn iwwer 40 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Eleng d'Gebai, oder d'Gebaier fir d'Uni selwer kaschte 565 Milliounen Euro, dat sinn 22 Milliarden 792 Milliounen aler Frang.

» M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.- Madame Brasseur, et ass net d'Uni, mä et ass d'Cité des Sciences, déi 565 Milliounen Euro kascht.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Ech hunn d'Uni mat all deene Gebaier ronderëm gemengt. Här President, ech weess net, firwat den Här Biltgen elo esou opgereegt ass, wann ech hei vun den Zomme schwätzen.

(Hilarité)

Mir wëssen, dass seng Opreegung sech elo nach a Grenze gehalen huet, well hie kann effektiv, wéi den Här Santer seet, ganz anescht.

» M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.- Also éischstens sinn ech jo och méi oft opgereegt, ech hätt awer wirklech net gemengt, dass ech elo opgereegt wär. Ech wollt just preziséieren, dass déi 565 Milliounen net eleng fir d'Uni sinn, mä fir d'Cité des Sciences, wou och all d'CRPen derbäi sinn. Ech waarden dann déi nächste Kéier, mä ech hat gemengt, da bräicht ech herno net opzestoen, fir dat nach eng Kéier ze soen.

» M. le Président.- Huel Dir déi Erklärung vum Här Biltgen un, Madame Brasseur?

» Mme Anne Brasseur (DP).- Selbstverständlech, well wann den Här Biltgen mir

nogelauschtert hätt, dann hätt den Här Biltgen héieren, dass ech gesot hunn: fir d'Uni mat all deene Gebaier ronderëm.

» M. le Président.- D'Madame Brasseur war nach net färdig mat hirem Explikatioun, Här Minister.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Dat sinn awer 565 Milliounen Euro. Dat sinn 22 Milliarden 792 Milliounen aler Frang, an dat ass wirklech eng ganz héich Zomm. Wa mer all déi Aktivitéite kucken, déi op deem Site vu staatlecher Säit sollen implantéiert ginn, da komme mer op e Gesamtinvestitiounsvolume vu 40 Milliarde Frang, an dat ass e ganz héije Käschtepunkt.

An deem Zesummenhang muss ee sech, menger Meenung no, véier Froe stellen. Déi éischt ass déi: Ass dat noutwendeg? Déi zweet ass: Ass de Site appropriéiert? Déi drëtt ass: Wéi finanzéiere mer dat? An déi véiert ass: Wéi sinn duerno d'Fonctionnementskäschte vun de Gebaier a vun deenen Institutiounen, déi dohinner kommen, a kënne mer ons dat do alles leeschten?

Wat déi éischt Fro ubelaangt: Sinn déi Infrastrukturen noutwendeg? Déi Infrastrukturen, iwwert déi mer haut ofstëmme, si mat Sécherheet noutwendeg wéi och aner. Mir hunn eng ganz Partie Institutiounen, déi nei geschafe gi sinn oder déi am Laf vun der Zäit gewuess sinn an déi keng adequat Infrastrukturen hunn, esou dass mer där musse schafen. Wéi beispillsweis d'Archiven, déi gehéiere jo och zu deem ganze Pak.

Et ass och evident, dass mer mussen Infrastrukture fir eng Universitéit zu Lëtzebuerg schafen, mat all deem, wat derzou gehéiert, dass mer mussen Infrastrukture schafen, och wat d'Recherche ubelaangt.

Wat d'Evaluatioun vun de Besoinen ubelaangt, wéi grouss dat muss sinn, do hu mer am Exposé des motifs iwwert d'Maison du Savoir jo eng ganz Partie vu Calculé kritt, iwwert d'Zuel vun de Studenten an iwwert d'Zuel vun de Chercheuren. Ech kann net véifiéieren, ob dat richtig ass, ob dat eng richtig Approche ass oder net, an ob déi Zuele realistesch sinn.

Wat d'Ausrichtung vun der Uni ubelaangt, déi effektiv Infrastrukture brauch, do seet d'DP Jo zu enger spezialisierter Uni, wou d'Qualitéit vum Enseignement a vun der Recherche muss Virrang hunn. D'DP seet Neen zu enger Allerweltsuni, wat eng Massenuniversitéit ass.

Dat also zu dem Besoin vun den Infrastrukturen, wou ee muss soen, mir brauchen nach Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg.

Déi zweet Fro, dat ass déi vum Site. Ass de Site adequat?

Am Kader vun der Landesplanung hat déi lescht Regierung jo eng ganz Rei vun Aktivitéiten opgezielt a gesot, mir mussen am Kader vun der Landesplanung dezentraliséieren. Déconcentration concentrée heescht dat am Fachjargon.

Ech muss lech soen, Här President, ech hunn ni verstanen, wat Déconcentration concentrée géif heeschen, mä ech mengen et kéint een dat domat iwwersetzen, dass net all Aktivitéiten an der Stad a ronderëm d'Stad sollen ugesiedelt ginn, mä dass een am Kader vun der Landesplanung dat gezielt soll a verschidde Pölen, et sinn der jo dräi zréckbehale ginn, diversifiéieren.

D'DP seet och Jo zu deem Prinzip. Et soll een och an där Diskussioun, wann et ëm Standuerter geet, net eng Stad géint eng aner ausspillen oder eng Regioun géint eng aner ausspillen. Dat ass der Infrastruktur net dénglech, et ass der Landesplanung net dénglech an et ass den Institutiounen, déi dohinner komme sollen, mat Sécherheet och net dénglech.

Et ass och keen Zoufall, dass ech hei schwätzen als Netsüddeputéierten, mä als Zentrumsdeputéierten an als Stater Schaffen - et ass zwar net an där Qualitéit wou ech hei stinn, mä ech hunn déi Fonctioun jo awer -, fir ze ënnersträichen, dass mir als Demokratesch Partei, als ganz Fraktioun, als ganz Partei déi do Démarche vun der Dezentralisatioun suivéieren. Dezentralisatioun Jo, wa se Sënn mécht a wa se am Intérêt vun den Institutiounen oder vun den Administratiounen ass.

Dat heescht am Fall vun der Universitéit, dass d'Uni net därer hierhale fir de Site ze justifiéieren, mä dass de Site eng Plus-value fir d'Universitéit muss duerstellen.

An deem Mooss wou decidéiert ginn ass ze probéieren, Aktivitéite vun der Technologie, der Innovation an der Wëssenschaft op engem Site ze implantéieren, an zwar op deem Site iwwert dee mer haut schwätzen, iwwer Esch/Belval, mécht et Sënn, och eng

Maison du Savoir dohinner ze setzen, mat all deem, wat dat ronderëm comportéiert.

Pépinières d'entreprises kommen och dohinner. Et soll also e Cluster geschafe gi vu Wëssen, vun Technologie an Innovation. Allerdéngs, wann een dat mécht, da mussen och d'Kaderbedéngunge stëmmen, wou virun allem d'Accessibilitéit eng ganz grouss Roll spillt.

An do war ech frou ze liesen, dass de Conseil de Gouvernement jo leschte Freideg eng Décisioun geholl huet, wat d'Ubanne vum Site Belval ubelaangt. Genee virun dräi Joer, et war just kuerz viru Chrëschttag, huet d'Regierung d'Décisioun geholl, zwou vun deenen dräi Fakultéite vun der Uni zu Esch/Belval unzesiedelen. D'Motivatioun war awer do net esou séier d'Uni, mä - an ech stinn net eleng mat deem Gefill - d'Motivatioun war jo deemools, dass d'Uni sollt e Moteur sinn, fir aner Investitiounen dohinner ze kréien, well déi privat Investisseuren awer net déi gréisste Begeeschterung gewisen hunn, fir sech do ze implantéieren, wat wierklech schued ass.

An deem Zesummenhang wëll ech och bedauern, dass et eng Fonctiounsvermëschung gëtt vun deem, dee sech ëm d'Uni këmmert vun der Regierung aus, als Beamten, an deem och President vum Fonds Belval ass. Dat ass eng Vermëschung vu Fonctiounen, déi net gutt ass, déi ass net gutt fir d'Institutione selwer.

Et ass net gutt, wann ee juge et partie à la fois ass. Et ass net gutt, wann den héije Beamten aus dem Héichschulministère gläicherzäit President vum Fonds Belval ass an dann als héije Fonctionnaire vum Héichschulministère och dann am Conseil de gouvernance vun der Uni sëtzt als Commissaire de Gouvernement.

Dat ass einfach net gutt, an et wier vill besser gewiescht fir d'Diskussioun a si wier vill méi sachlech gewiescht, wann déi zwou Fonctiounen vunenee getrennt wieren, an et wier och am Intérêt vun deem betreffende Beamte selwer gewiescht, menger Meinung no.

» Une voix.- Très bien!

» Mme Anne Brasseur (DP).- Wat déi drëtt Fakultéit ubelaangt, déi vum Droit, vun de Finanzen a vun der Économie, esou ass jo festgehalen ginn, dass déi Décisioun soll 2009 falen. An ech wëll hei en Appel un d'Regierung maachen an och en Appel un ons alleguer, dass hei den Intérêt vun der Uni muss am Vierdergrond stoen an net klengkaréierten elektorale regionale Calcul.

Et ass nämlech vill ze vill wichteg, wat mer hei décidéieren, a mir wussen nun eemol wëssen, dass den Zentrum vun de Finanzen an den Zentrum och vun de Juridictiounen a vun den europäesche Juridictiounen hei an der Stad ass, wat och e wichtegt Element ass, wat muss an d'Considératiounen mat erageholl ginn.

Mä ech mengen, mir missten hei versichen, an op jidde Fall ass d'DP bereet, dee Wee ze maachen, dass mer e Konsens op deem heite Punkt fannen, well et wier net gutt, wa mer ons hei géifen zerrappen, an déi Zäit, déi elo op ons duerkënnt, d'Wahlen, ass jo eng sensibel Zäit, wou ee licht an de Konträr verfält vun deem, wat mer wëllen erreechen, nämlech dass mer sollen zesummen eng gutt Léisung am Intérêt vum Développement vun der Universitéit fannen.

Et muss och esou sinn, dass den Intérêt vun de Studenten hei mat a Considératioun gezu gëtt. Et gëtt ëmmer geschwat vun der Unicitéit vun der Uni, dat ass richtig. Dat steet am Gesetz. Mir sollen och zu Lëtzebuerg nëmmen eng Universitéit hunn, mä déi kann awer verschidde Standuerter hunn. Zum Beispill huet d'Uni och en Deel vun enger Fakultéit, déi zu Walfer ugesiedelt ass. Dat also meng Remarques zum Site.

Drëtt Fro: Wéi finanzéiere mer dat?

De Budgetsrapporteur, den Här Norbert Haupt, ass d'lescht Woch en détail och op de Site vun Esch/Belval agaangen an ech wäert dat net hei maachen. Et ass wouer, an den Här Frieden huet elo grad a sengen Äntwerten och dervu geschwat, dass hei e Konsens am Haus besteet, wat d'Investissementer ubelaangt, dass mer déi mussen op engem héijen Niveau halen an deenen Zäiten, déi elo op ons duerkommen, fir eben ze erméiglechen, dass ons Betriber nach Opträg weider hunn.

Wann een allerdéngs d'Zomm rechent, och wann dat op 20 Joer étaléiert ass, eng Milliard sinn enorm vill Suen an d'Fro muss ee sech da stellen: Packe mer dat? Préjugéiert een net mat deem Vote, dee mer haut maachen, iwwert d'Maison du Savoir, wat d'Kärstéck vun der Uni ass, iwwert de Rescht vun den Investissementer?

An eng Fro, déi mech beschäftegt, ass déi: Wa mer dat hei elo votéieren a wann dat hei elo gebaut gëtt a mir kënnen déi aner Gebailechkeeten, déi derzou gehéieren, net bauen, wéinst dem Financement - quitte dass do gesot gëtt, mir géifen hei en anere Mode de financement huelen, nämlech iwwer PPP; nach muss een dann e Privatinvestisseur fannen, dee mat op dee Wee geet -, wa mer dat also net fäerdeg bréngen, kann dann déi Maison du Savoir eleng fonctionnéieren, oder net? Dat ass eng Fro, déi ech an der Kommissioun gestallt hunn, op déi ech awer keng prezis Äntwert konnt kréien.

Am Exposé des motifs iwwert den Développement vun der Maison du Savoir, do steet e Cluster wéi d'Uni sech soll entwéckelen. Dat stoung awer a liichter Kontradiktioun mat deem, wat mer an der Commission jointe vun der Commission vun den Travaux publics a vun där vum Enseignement supérieur presentéiert kruten. Du krute mer do explizéiert, dass den Exposé des motifs eng ursprüngelech Iddi wor, an dass déi Iddi do evoluéiert huet, an dass mer haut méi ee prezisiert Konzept hunn. Ech wollt lech awer drun erënneren, dass den Exposé des motifs, oder wéinstens de Gesetzesprojekt, am Juni 2008 déposéiert ginn ass - also viru sechs Méint -, an ech ka mer jo net virstellen, dass d'Iddien an där Zäit evoluéiert hätten.

Et huet also wierklech vill zur Konfusioun bäigedroen, wat mer exposéiert kruten an och wat am Exposé des motifs steet. Ech fannen, den Exposé des motifs ass weineg prezis, en ass brouillant an en ass och wierklech net akademesch, wat een awer hätt kënne bei engem Gebai wéi der Maison du Savoir erwaarden.

Ech sinn net eleng mat där Appréciatioun. De Conseil d'État seet a sengem Avis: «structure malsoignée de l'exposé des motifs». Oder de Conseil d'État seet: «le descriptif (...) reste évasif». E seet och: «Le Conseil d'État aurait souhaité un concept plus tangible avant que ne soient entamés les premiers investissements.» Fin de citations. Ech hätt mer och gewënscht, dass mer hei e besser strukturéierten a fundéierten Exposé des motifs kritt hätten.

Deen Exposé des motifs iwwert d'Bâtiments administratifs dergéint ass vill méi détailléiert, vill méi fouilléiert. A mir konnte Gott sei Dank do eng ganz Partie vun Informatiounen eraushuelen, déi mer elo hei gebraucht hunn. Ech sinn och dofir frou, dass mer hei eng Diskussioun iwwert dat Ganzt hunn, well et geet ëm en Investissement vun dem Site, an dass mer déi zwou Projekte matenee behandelen.

Meng konkret Fro ass, ob mer dat Ganzt finanzéiere kënnen; dat heescht, déi 565 Milliounen fir all déi Investissementer, déi mer fir d'Cité des Sciences brauchen. Oder wa mer dat net kënnen, kann dann d'Maison du Savoir eleng fonctionnéieren, ouni déi aner Infrastrukturen?

Déi véiert Fro: Wat sinn d'Folgekäschten?

Niewent deem rengen Ënnerhalt vun de Gebaier komme jo och nach Fonctionnementskäschten derbäi vun all deenen Institutionen. Et geet do jo wierklech net drëm, einfach ze soen: Majo, wat d'Uni ubelaangt, déi hunn e Plan quadriennal an do steet dat dran. Mä déi Sue fir de Plan quadriennal mussen jo och haaptsächlech vun der öffentlecher Hand kommen, soss fonctionnéiert dat net. Also mussen mer wëssen, wat déi Fonctionnementskäschten duerno sinn. An do krute mer nach keen Opschloss driwwer.

Och muss ee sech d'Fro stellen: Wat geschitt mat deenen ale Gebaier? Wat geschitt mat deene Raimlecheeten, wou de Ministère de l'Environnement elo dra wor, wou d'Waasserwirtschaftsamt elo dra wor, d'Datenschutzkommissioun oder de Fonds Belval? Ginn déi opginn? Sinn dann d'Käschten do null? Oder kommen do nei Institutionen dran, déi dann och erëm e Käschtepunkt mat sech bréngen?

Wat geschitt mam Walfer Schluss? An dat ass eng konkret Fro, déi ech un d'Regierung hunn. Well wann d'Uni vu Walfer oder d'Fakultéit, déi zu Walfer ass, da vu Walfer plënnert op Esch/Belval, wat geschitt da mat deene Gebailechkeete vum Walfer Schluss? Wéi ass et do mat de Renovationskäschten, an da mat den Entretienkäschten, déi duerno drop zoukommen, well da vläicht eng nei Institution do ass? Och déi lwwerleeunge muss ee féieren, well och dat mussen mer finanzéieren.

Mir müssen also eng Opstellung kréien iwwer all dat, wat déi Investissementer, déi mer haut decidéieren an déi mer da muer wäerten decidéieren als Folleg vun deem Vote vun haut, och als Folgekäschte mat sech bréngt.

Här President, dat sinn déi véier Froen, déi ech an dësem Zesummenhang wollt opwerfen. Déi zwou éischt Froen, déi iwwert d'Noutwendegkeet vun deenen Infrastrukturen an déi iwwert de Site, kann ee positiv beäntweren. Dofir wäert d'DP och dës zwou Projekte stëmmen. Wat awer de Financement vun den Infrastrukturen an d'Folgekäschten ubelaangt, muss d'Regierung nach eng ganz Rei vun Äntwerten ginn. Ech weess net, ob d'Regierung op d'Fro kann äntworten: Kënne mer ons dat doten alles leeschten?

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, et ass fir mech a meng Fraktioun en historesche Moment, dass mer haut déi éischt Tranche vun der Universitéit op Esch/Belval entaméiere kënnen a mam neie Verwaltungsgebai vum Stat der Dezentraliséierung hei am Land eng nei Dimensioun ginn. Ech sinn dofir frou, dass d'Kommissioun vun den Travaux publics dorop bestanen huet, fir dës zwou Projeten, also souwuel d'Maison du Savoir wéi och de Bâtiment administratif, zesummen op de Leescht ze huelen, obwuel deen ee schonn e bëssen éischter prett war wéi deen aneren, well si gehéiere ganz einfach zesummen.

Dat gëtt eis och d'Geleeënheet, no baussen ze weisen, wat d'Kommissiounsmitglieder natierlech allegueren am beschte wëssen, dass et hei net einfach ëm zwou Gebaier geet, déi op deemselwechte Site entstinn, mä dass déi zwou Projekte wesentlech Bestanddeeler vun engem Gesamtprogramm a vun engem Gesamtkonzept sinn, déi fir dee ganze Süden an doriwwer eraus fir d'ganz Land eng nei Dynamik wäerte bréngen.

Ech wëll fir d'éischt der Rapportrice hei Merci soe fir hire gudden, ausféierlechen a prezise Rapport, dee mir et dann och erlaabt, méi op dee generelle Kontext anzugeen, an deem déi zwou Projekte sech integréieren, well all déi aner Prezisiounen zu deenen zwou Projet-de-loien hei en détail scho virgestallt gi sinn.

Un der Basis vun dëse Projekte steet deemno e richtege Mentalitéitswiessel, deen zënter Jore vu ville gefuerdert an erbaigewënscht gouf an deen elo endlech a seng konkret Ëmsetzungsphas trëtt. Projeten, iwwert déi mer haut ofstëmmen, an anerer, déi spéider nach wäerten am nämleche Kader derbäikommen, sinn nämlech d'Äntwert op eist gemeinsaamt Bestriewen, mat Hëllef vun enger konkreter Dezentraliséierung e besseren Équilibre fir eis Regiounen opzebauen.

E wichtegt Signal, fir dësem ambitiësen Zil méi no ze kommen, setzt eng Regierung, andeem se hir Verwaltungen dezentraliséiert. Niewent der Universitéit ass och de Projet «Bâtiment administratif» an där Hisiicht eng Innovation, déi hoffentlech wäert Schoul maachen. Well d'Iddi ass, dass d'Verwaltungen, déi sech zu Esch/Belval usiedelen, vun deem neie Standuert mat profitéiere kënnen. Si kommen nämlech an d'direkt Noperschaft vun der Universitéit a vun de Standuerter vun der Recherche, mat deene si zesummeschaffe kënnen a sollen.

Et ass den ausdréckleche Wunsch vun allen Acteuren, dass dës raimlech Situatioun och dozou bäidréit, fir bestoend Kooperatiounen ze verstärken an och an der Zukunft nach weider auszebauen. Eng eemoleg Chance, fir en neit landesplaneresch sënnavollt Gläichgewicht tëschent de Regiounen hierzestellen, ergëtt sech virun allem aus der couragéierter Décisioun vun eiser Regierung, d'Universitéit vum Land um Site Esch/Belval ze regroupéieren.

» M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, dat gëtt et net. De Site heescht net „Esch/Belval“, mä ganz einfach „Belval“!

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Wéi hätt Dir et gären, Här Sunnen?

» M. Fred Sunnen (CSV).- Ech hätt et net gär esou, mä et ass esou.

(Hilarité)

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Dann ee Moment. Ech wëll lech eng Freed maachen, Här Sunnen.

» Une voix.- Da musst Dir lech druwinne.

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Eng eemoleg Chance, fir en neit landesplaneresch sënnavollt Gläichgewicht tëschent de Regiounen hierzestellen, ergëtt sech virun allem aus der couragéierter Décisioun vun eiser Regierung, d'Universitéit vum Land um Site „Belval“ ze regroupéieren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Och wann d'Décisioun iwwert den definitive Standuert - a meng Virriednerin ass scho grad drop agaangen - vun der drëtter Fakultéit nach aussteet, esou muss dach kloergestallt ginn - an ech deelen déi Approche -, dass hei rationell lwwerleeungen, d'Interesse vun der Uni an d'Entwécklung vun Land dobäi méi schwéier weie mussen, wéi gewinnte Reflexer, déi vu reng geopoliteschen lwwerleeunge gedroe ginn.

(Interruption)

Dat gläicht sech, mä just d'Konklusiounen, déi mer aus där Constatatioun zéien, schéngen nach net...

(Interruption)

...déiselwecht ze sinn.

Fir Lëtzebuerg war dës Décisioun op jidde Fall e ganz wichtege éischte Schratt, deen hoffe léisst, dass mëttelfristeg e groussen Deel vun deenen Efforten, déi am Beräich vun der Landesplanung gemaach ginn, alle Regiounen vum Land positiv Resultater wäerte bréngen.

Well d'Revaloriséierung vum Site Belval steet net isoléiert do. Et ass e grouse Projet, an deem d'Regierung vill Suen a vill Energie stécht, an et ass e Projet, dee soll Modellcharakter hunn, fir d'Entwécklungen op anere Plazen an an anere Regiounen vum Land weiderzedreiwen. Ech denken dobäi net ausschlieslech un déi verbleiwend Notzungsméiglechkeete vun ehemolegen Industrieflächen am Süde vum Land, mä och un d'Frichen am Norde vum Land, déi geneesou vill Potenzial hunn, dat no de Kritäre vun der Nohaltegkeet an am Intérêt vum regionalen Équilibre muss genotzt ginn.

E bessere regionalen Équilibre ka just geléngen, wann nei Standbeen entstinn. D'Verwaltungen an déi nei Gebaier vun der Uni Lëtzebuerg mat hirem Rektorat, déi elo an eng éischt Bauphas kommen, wa mer de Projet de loi vun der Maison du Savoir stëmmen, sinn zwou wesentlech Standbeen vun engem Gesamtkonzept ronderëm déi Dezentraliséierung, vun där ech grad geschwat hunn, a ronderëm dee regionalen Equilibre, dee mer ustriewen. Zesumme mat de Centres de recherche vun der Cité des Sciences couvréieren d'Uni an d'Verwaltungen zentral Beräicher wéi Bildung, Recherche an Innovation.

En anert wichtegt Standbeen bleift d'Kultur, déi mat der Rockhal an an Zukunft och mam nationalen Zentrum fir Industriekultur, den Héichwien an natierlech och vu privater Säit mam Kino gutt vertrueden ass, ouni vun de bestehende kulturellen Highlighten an der Süddregioun ze schwätzen. Ergänzt ginn dës öffentlech Projekte vum Wunnengsbau, der Kreatioun vun engem ganz neie Wunquartier vu Bieles um Site Belval, dee gutt virugeet, begleet vum Bau vun engem neie Lycée an natierlech vum Commerce, deen zum Deel scho seng Dieren opgemaach huet.

Modellcharakter huet de Projet Belval awer net nëmmen, wat d'Mixitéit ubelaangt, mä och a puncto Nohaltegkeet. Als éischt wëllt ech an dësem Zesummenhang d'Mobilitéit an den öffentlichen Transport nennen, déi eng Schlësselroll am Gesamtkonzept spillen an déi parallel zu den haut genannte Projeten a weidere Projeten ausgebaut an opgebaut muss ginn.

An enger éischter Phas ass dat nieft engem performante Bus- a Vëloskonzept déi nei Gare Beval/Universitéit, déi spéider nei Zuchstreck, déi Belval an domat virun allem d'Uni op méi engem kuerze Wee mat der Stad Lëtzebuerg a mam Flughafen verbënnt an natierlech och ëmgedréint, ouni dobäi d'Escher Gare an de bestehende Stadkär vun Esch ze ëmgoen.

Sou droe mer dozou bäi, dass zesumme-wisst, wat zesummegehéiert. Op d'ganz

Land gekuckt, brauche mer generell eng optimal Ubannung vun dësem Site un den öffentliche Transport, fir iwwerhaapt un den ugepeilten „modal split“ vu 25/75 erunzekommen a fir natierlech och eise Klimaschutzverpflichtunge gerecht ze ginn.

Well een déi noutwendeg zukünfteg Entwécklung vun der Universitéit net genau aschätze kann, war et och wichteg, Spillraum ze loossen a genuch Terrainen ze reservéieren. Bis zu 25 Hektar kënnen fir d'Universitéit genotzt ginn an och fir spéider d'Universitéit nach kënnen ausbauen, wat jo ee Moment an der Diskussioun war, dass dat op deem Site net soll méiglech sinn a wat awer garantéiert ass. Mä och elo gëllt et, schonn iwwer e regionalen Tram am Süden nozedenken an d'Korridore fräi ze halen, fir sech weider Optiounen op ze halen a se spéider flexibel kënnen un déi real Besoinen unzepassen.

Virun 2018, wann et no eis geet, a virun 2020, wann et am Moment no den Aussoe vum Minister geet, soll den Tram eng Wirklechkeet sinn, deem seng Machbarkeet no enger rezenter Etüd vum Ministère jo net méi a Fro gestallt ass.

Modellcharakter sollen d'Projeten op Belval awer och vum Standpunkt vun der Energieeffizienz hier hunn. Bei deenen zwee Projeten, déi mer hei virleien hunn, gouf besonnesche Wäert op eng gutt Isolatioun vun de Gebaier an op d'Energieeffizienz beim Heize geluecht. Den Energiekonzept vun der Cité des Sciences gesäit vir, dass déi nei Gebaier hir Energie iwwert d'TGV-Zentral zu Esch/Raemerech kréien, déi domadder méi effikass ka genotzt ginn.

Gläichzäiteg sinn an dësem Konzept performant Killsystemer virgesinn, well et mussen net nëmme Büroen am Summer gekillt ginn, mä och eng Partie vun den techneschen Installatiounen an de Laboratoire brauchen Energie, fir gekillt ze ginn.

Wéi scho gesot, déi zwee Projeten, déi mer haut stëmmen, sinn nëmmen en Deel vun engem Gesamtprojet. Et kënn nach vill Aarbecht op eis zou, an et bleiwen och nach eng ganz Rei Froen ze klären.

D'Investitiounen, déi de Stat op dësem Site geplangt huet, si mat öffentlichen Ausgabe verbonnen, déi sech an enger Gesamtgrëssenuerdnung vun enger Milliard Euro bewegen. Nätzlech a wichteg ugeluechten öffentlich Gelder!

D'Maison du Savoir mam Rektorat stellt eng éischt, mä eng wichtig an essenziell Bauphas duer. A weideren Etappe ginn zousätzlech Gebailechkeeten da vun der Universitéit gebaut. Parallell dozou kommen Infrastrukture fir d'Centres de recherche an d'Pépinères d'entreprises, woubäi mer hoffen, dass méiglech vill Synergië grad doraus sech erginn, dass ekonomesch Aktivitéiten, d'Uni, d'Recherche an d'Verwaltungen, fir déi d'Innovatioun och eng Roll spillt, beieneen op engem Site sinn. Hir Kontributioun dréit och wesentlech dozou bäi, fir ronderëm ebe grad déi Departementer vun der Fuerschung a virun der Innovatioun en neie Piliër fir d'Land am Süden opzubauen. Dëst Ëmfeld wäert och e positiven Impakt op de Lycée hunn, deen op Belval implantéiert ass an dee schonn amgaangen ass.

Mir hunn am ganze Land allgemeng de Problem, an och dovunner sollt ee schwätzen, dass net genuch jonk Leit oder nach ëmmer net genuch Leit studéieren a virun allem sech fir wëssenschaftlech Studien a fir d'Recherche interesséieren. Vläch gëtt et e klengen Ustouss fir si, wann d'Schüler konkret virun Aen hunn, dass eng Universitéit keen Elfebeentuerm ass, mä dass hei d'Basis geluecht gëtt fir spannend Carriären, déi konkret an eisem Alldag eppes kënnen bewierken an eppes kënnen verännern.

An dësem Sënn ass et och gutt, dass d'Cité des Sciences direkt u Quartieren ugrenzt, wou Leit wunnen an hir Fräizäit verbréngen. Sou kann eng Bréck geschloe ginn tëschent Chercheuren, Enseignanten, Studenten an aneren Deeler vun der Bevëlkerung vun de Gemenge ronderëm de Site a ronderëm de ganze Süden.

Grad an dësen Zäiten ass et immens wichtig, dass mir zu Lëtzebuerg méi eng positiv Approche kréien zur Recherche an

zur Innovatioun. Leider hu mer am Moment éischter d'Tendenz oder nach ëmmer éischter d'Tendenz, technesch Neierungen eréischt dann ze iwwerhuelen, wa se sech am Ausland schonn e bësse bewäert hunn. Fir eis Ekonomie ass et awer onëmgängelech, dass mer op e puer Gebidder d'Nues ganz mat virbäi hunn. Dat setzt eng offen, positiv Haltung zur Wëssenschaft an zur Recherche viraus, a virun allem och e bëssen de Courage, un deem et eis hei am Land heiansdo feelt, fir Neies auszeprobéieren, och wann dat heiansdo oder zum Deel mat Risiko behaft ass.

Mir hu bei de Budgetsdebatten an deene leschten zwee Deeg zrëckbehalen, dass et scho riskant ass, wann ee wéi mir als Land an esou engem héije Mooss ofhängeg ass vun de Recetten, déi mer virranging mat eiser Finanzplaz a Verbindung bréngen.

Am Beräich vun der Recherche a vun der Innovatioun kënnen sech Chancen erginn, fir nei Wirtschaftssecteuren ze dévelo-péieren, déi eis hëllefen, eis Ekonomie méi a méi konsequent ze diversifizéieren.

Ech begrëssen an deem Kontext déi couragéiert Décisioun vun der Regierung, an den neie Biobank-Projet an an d'Gesondheitsuersuchung ze investéieren, déi vun deene concernéierte Ministären, de Centres de recherche an der Uni Lëtzebuerg mat renomméierten amerikanesche Fuerschungszentren zu engem wichtige Stand-been fir d'Land an deenen nächste Jore sollen opgebaut ginn.

Dës Woch gouf heibanne vill iwwer eng antizyklesch Budgetspolitik geschwat an dovunner, dass mer grad zu dësem Zäitpunkt verstärkt mussen investéieren, fir d'Konjunktur ze stäipen. Mir hu bei den Investitiounen ronderëm d'Universitéit an d'Recherche elo déi eemoleg Chance, iwwert déi nächst Joren Aarbechtsplazen opbauen an ofzesécheren, déi un der Realisatioun vun dëse grouss Projeten drunhänken, a gläichzäiteg enorm wichteg Investitiounen fir d'Zukunft vum Land ze maachen. Kaum een Effort wäert an den nächste Jore méi wichteg sinn, fir déi aktuell Wirtschaftskris ze iwwerwannen, wéi den Niveau vun der Ausbildung vun eise jonke Leit eropzesetzen an den Antrëtt an d'Wëssengesellschaft ze preparéieren an unzetrieden.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Den Ufank ass gemaach. Déi zwee Bau-projeten, déi mer hei virleien hunn, mussen zesumme mat all deenen, déi nach ausstinn, Schrëtt fir Schrëtt realiséiert ginn, an dobäi däerfe mer esou wéineg Zäit wéi méiglech verléieren. D'Ëmsetzung vum Modellprojet Belval ass net nëmmen eng grouss Chance fir de Süden, mä fir eist ganz Land.

Ofschléissend wéilt ech menge Kollegen aus der Chamberskommissioun vun den Travaux publics Merci soen, dass se mir et erlaabt hunn, fir am Numm vun eiser Fraktioun zu dësem Sujet ze schwätzen, an ech ginn och hei den Accord vun eiser Fraktioun zu dësen zwee Projets de loi mat op de Wee.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Madame Mutsch. Nächst Riednerin ass déi hono-rabel Madame Loschetter.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRENG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gären, am Numm vun der grénger Fraktioun, e puer Reflexiounen zu dësen zwee Projets de loi maachen. Wann ech soe Reflexiounen, da mengen ech net par rapport zu deem Montant, deen elo emol an dëser Phas dodran investéiert gëtt, well do kënn een dann natierlech vill méi wéi Reflexiounen maachen. Ech denken, dass scho viles vun der Rapportrice gesot ginn ass zu deem, wat mer eigentlech à ce stade wëssen, dofir déi Reflexiounen vun der grénger Fraktioun.

Déi éischt Reflexioun, déi ech gär géif maachen, dat ass déi am Kontext zu deem Wuert „Synergien“. Mir hunn an deem enge Projet de Bau vu Verwaltungsgebaier, wat interessant ass, well mer doduerch no-tamment och eng ganz Rëtsch vu Labo-ratoires op d'Plaz kréien. Mir kréien esou en Deel vun der Ëmweltverwaltung an och Büro fir d'Waasserwirtschaftsamt op Esch/Belval. Op där anerer Säit hu mer jo och schonn hei an der Chamber iwwert d'Pépinères d'entreprises geschwat, déi och do gedeie sollen.

An deem anere Projet de loi hu mer d'Maison du Savoir, wat ee wichtige Deel vun der Uni vu Lëtzebuerg ass, déi op de Site Belval komme soll. Mir denken, dass et interessant ass, déi Friche Belval ze

entwéckelen, grad an deem doten Hiblëck. Et ass och virgesinn, de Projet vun der Cité des Sciences, der Recherche an der Inno-vatioun do ze realiséieren. D'Centres de recherche Lippman, Tudor an den CEPS sollen och dohinner kommen, a mir denken, dass dat Rassemblement op deemselwechte Site vun deenen doten Administratiounen respektiv vun deenen dote Fakultéiten, vun deenen dote Centres de recherche, ze-summe mat de Lycéeën, mat dem Privat-secteur, sécherlech e Potenzial wäert op deene Friche entwéckelen, an dat ass eppes, wat mir als Gréng begrëssen.

Mir begrëssen och, dass d'Uni sech wäert, souwuel an den Etüde wéi och an der Recherche, méi spezifesch mat Ëmwelt-themen, mat Energiethemen, mat Waasser a mat Loft a Kaméidi befaassen, well genau déi Verwaltungen och do sinn a well genau do déi Synergië sech och beschtméiglech entwéckele kënnen. Mir denken, dass dat eng vun deene wichtigste Politiken an Zukunft wäert sinn, an dass ee gutt géif dorunner doen, sech, net nëmmen hei am Land, mä wäit doriwwer eraus, domadder ze beschäftegen. Dat kann dann och dee potenziellen Développement, vun deem d'Buergermeeschtesch vun Esch virdrun hei geschwat huet, sécherlech promou-véieren, mä et wäerte sécherlech och fir d'ganz Land eng Rëtsch vu Créneauen do entstoën, op där Plaz, wou virdrun d'Sidérurgie esou gutt gedeie konnt.

Ech wëll awer dann och e Wuert soen, eng zweet Iwwerleeung, eng zweet Reflexioun, zu der Mobilitéit. Do kënn ee sech d'Fro stellen, wann eng Rëtsch vu Verwaltungen - fir déi eng oder aner Verwaltung en unique Site - op Belval kënn, ob dat effektiv am Sënn vun der Dezentraliséierung ass, an am Sënn vun deem, wat zum Beispill en IVL seet. Wann ee sech da virstellt, dass eng ganz Rëtsch Leit wäerten dohinner schaffe kommen - mir schwätzen do vun e puer honnert Leit, an et wäerten awer och sécherlech munch Leit vu méi wäit aus dem Norde vum Land erof schaffe kommen -, mat engem, schonn eleng nëmmen an de Verwaltungen, Potenzial zur Entwécklung, kann ee sech froen, ob dat dann och effektiv dee richtige Wee ass.

Mir stellen eis och d'Fro, ob mer kënnen mat engem „modal split“ vu 25/75 zefridde sinn, esou wéi et virdrun ugeschnidde ginn ass, an ob mer net grad do, op deene Friche, grad mat deene Fakultéiten an deene Verwaltungen, déi dohinner komme sollen, eigentlech vill méi ambitiéis am öffentlichen Transport misste virgoen, och wat d'Zil betrëfft, wat mer wëllen am „modal split“ erreechen. De Conseil d'État huet a sengem Avis e puermol drop higewisen,...

» M. le Président. - Madame Loschetter, d'Madame Mutsch wëllt Iech eng Fro stellen. Sidd Der d'accord?

» Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Ech wollt just nach eng Prezisioun ginn, well ech do, mengen ech, net dätilech genuch war. Op Belval selwer ass en „modal split“ vu 40/60, fir dass mer méi einfach op den nationale vu 25/75 kommen.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRENG). - Eng net onwichtig Prezisioun. Ech denken, dat ass genau déi Reflexioun, déi muss weidergefuert ginn a sech weiderentwéckelen, esou wéi ech et elo just ernimmt hunn, well och am Avis vum Conseil d'État - an dat deele mir als Gréng an enger nächster Reflexioun - stellt de Statsrot sech d'Fro, firwat dat mer grad bei enger Maison du Savoir, engem Deel vun der Uni Lëtzebuerg, eng ronn 500 Park-plazen installéiere mussen. Firwat grad do, wou Studente sollen hkommen?

Och wann dat iwwer en anere Mode de financement gemaach soll ginn, mengen ech net, dass mer onse mea culpa do-madder wäisswäsche kënnen. Mir sollten eis froen, ob dat net vläch eng Iddi ass, déi vläch net ubruecht ass, grad op deem Site, grad bei där Uni, grad bei där Clientèle a grad, wann een dat ambitiéis Zil huet ze soen, dass dat eigentlech en urbanisteschen Deel ass, deen e Beispill soll duerstelle fir d'Zukunft vun onsem Land.

De Conseil d'État seet och a sengem Avis zu engem vun deenen zwee Projeten, dass hie sech erhofft, dass den Aménagement vun de Voirien herno esou gestalt gëtt - an dat beonrouegt eis e bësschen -, dass versicht soll ginn, de reglementéierte Parking, mä och de wëlle Parking ze endi-guéieren oder ze verhënnern. Entweder ass de Conseil d'État ganz schlecht informéiert oder hien huet awer Befierch-tungen, déi, denken ech, nach méiglech sinn an de Grëff ze kréien, mä deenen ee sech dann awer misst allen eeschtens unhuelen.

Wann ee sech schonn am Ufank vun engem risege Projet Gedanke maache muss iwwert d'Verhënnere vu reglementéiertem, schlëmmer nach, vu wëllem Parking, gekoppelt u 500 Parkplazen ënner enger Fakultéit an engem ambitiéis „modal split“ vu 60/40, sinn do, denken ech, e puer Contradictiounen, déi een nach misst aus der Welt schafen.

Mir begrëssen dann och an enger nächster Reflexioun déi Efforten, déi gemaach ginn, souwuel an deem enge wéi och an deem anere Gebai - obwuel mer denken, dass dat an deem administrative Gebai besser a méi prezis beschriwwen ass wéi bei der Maison du Savoir -, wou eng ganz Rëtsch vun ekologeschen an energetesche Mooss-name virgesi sinn an der Baustruktur an an der Bautechnik.

Vläch kann den Travaux-publics-Minister ons do nach zousätzlech Informatiounen ginn, par rapport zu anere Projeten, zu anere Lycéeën oder anere Gebailech-keeten, wou mer awer méi kloer gesot kréien, dass mer do an d'Richtung vun Niddregenergiebau ginn. Oder mir sinn esou gutt wéi um Niddregenergiebau ukomm, well mir hunn et hei mat enger ganzer Rei vu ganz sophistiquéierten an neien Techniken ze dinn, déi natierlech och en energeteschen Afloss hunn.

Mä ass deen iwwerall noutwendeg gewiescht? Vu dass mer jo ëmmer méi an der energetescher Technik eigentlech op manner Technik zrëckkommen a ganz einfach heiansdo op einfach, méi wesent-lech Organisatiounen vum Programm zrëck-gräfen, wéi zum Beispill Reewaasser-opfangbecken oder wëssen, wou Norden a wou Süden ass an d'Gebai och esou initiéieren, wéi zum Beispill och méi prezis a méi generéis Solarzellen installéieren, wéi dat elo an deenen zwee Gebaier - dat eent méi wéi dat anert - virgesinn ass, op jidde Fall a senger Beschreibung.

E leschten Deel vun onse Reflexiounen ass, Här President, dass mir als Gréng mengen, mä ech denken et ass generell eng Attitüd ginn an der Travaux-publics-Kommissioun, dass all Gebai, wat gebaut gëtt, eigentlech net neutral ass, mä e Gebai, wat gebaut gëtt, huet e Programm, an dee Programm beaflosst natierlech och herno net nëmmen, wat an deem Gebai stattfënn, mä och, wéi et stattfënn.

D'Madame Mutsch huet virdu vun engem theoretesche Konzept vun der Uni ge-schwat. De Statsrot - an ech mengen, et ass jo och schonn zitéiert ginn hei, a mir deelen déi Kritik - kritiséiert och, dass Konzept hätt misse sinn „plus tangible avant que ne soient entamés les premiers investis-sements“, dass de Statsrot gäre méi In-formation palpable gehat hätt an dass de Statsrot dann och ebe sech Gedanke mécht iwwert d'Parken, d'Mobilitéit an den „modal split“.

Ech denken, dass dat wichteg ass, well mir als Gréng hunn ëmmer erëm hei och op dëser Tribün verkënnegt, dass mer fir d'éischt emol mussen d'Inhalter kennen, fir dass mer kënnen d'Bedürfnisser definéieren, wéi zum Beispill mer dat och systematesch maachen an enger Travaux-publics-Kommissioun, wann et ëm de Bau vun engem Lycée geet.

Mir sinn der Meenung, dass dat hei vläch, virun allem fir d'Maison du Savoir, net de Fall ass. Mir hunn Erklärungen krit, dass een eigentlech à ce stade net méi ka soen, well mer jo och mat Pronosticen a mat awer dach Visiounen schaffen, an dass mer dofir och net méi kloer kënnen soen, firwat mer zum Beispill déi grouss Amphitheatre brauchen. Méi konkret, mir wëssen, wat mer alles wëllen unzéien. Mir wëssen, déi Synergie an déi Dynamik, déi do soll sech entwéckelen, wat mer och ënnerstëtzen. Mä bei deem, wat de Programm ausmécht a wat herno wéi a wéini soll do ëmgesat ginn, do hu mer vläch net all déi Prezisiounen, déi ee sech hätt kënnen erhoffen.

Als Konklusioun wëll ech nach eng kéier ënnersträichen, am Numm vun der grénger Fraktioun, dass eigentlech virun enger Rëtsch Joren en ambitiéis Projet realiséiert ginn ass, nämlech deen, dass Lëtzebuerg sech mat enger Universitéit dotéiert huet. Eng Universitéit mat dräi Fakultéiten. A mir denken och, dass, wa mir als klengt Land hei deen ambitiéis Projet wëlle weiderdréien, da si mer effektiv elo méi wéi jee virun eng gewëssen Erausforderung gestallt. Mir sinn och iwwerzeegt, dass et e Potenzial gëtt an dass mer dat och kënnen dévelo-péieren.

Mir denken och - an dat ass och schonn hei gesot ginn, ouni wëlle segregatistesches virzegoen -, dass et wichteg ass fir onst Land, an och fir d'Uni a fir hir Zukunft, dass mer an engem gewësse Mooss eng Univer-sité d'excellence kënnen développéieren.

Mir denken och als Gréng, datt et wichteg ass ze profitéiere vun all deene Partner, mat deene mer wëlle Synergië schafen. De Finanzsektor, vläicht net nëmmen trotz der Finanzkris, mä genau weinst der Finanzkris. Do, denken ech, solle mer profitéiere vun deem Ëmfeld vun deem wichtige Partner, dee mer hei zu Lëtzebuerg a méi prezis an der Stad hunn. A mir sollen och profitéiere vun deem Partner an der Institutioon vun dem Europäesche Geriichtshaff, well mer mengen, datt dat en exzellente Partner ass fir exzellent Studien op enger Uni ze maachen an dorausser och eng Université d'excellence ze maachen.

Mir denken awer och, datt mer solle profitéiere vun deene Wëssenschaftsstrukturen, vun deenen Incubateurs d'entreprises an datt dat alles deenen dräi Fakultéite wäert gutt doen.

Mir sollen also all déi Synergien do notzen, op eng optimal Aart a Weis notzen, a mir solle wirklech derfir suergen, datt mer zum richtige Moment an op der richteger Plaz dat ënnerhuelen. An dann denken ech, datt, wa mer dat maachen, zum richtige Moment an op där richteger Plaz, mer dann och net vergiessen, datt mer alleguerten nëmmen een Zil dierfen hunn, an dat ass dat, d'Universitéit vu Lëtzebuerg beschtméiglech ze entwéckelen, an och dowéinst d'Décisiounen beschtméiglech sollen organiséieren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Mehlen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Wann een de Bauprogramm kuckt, deen d'Regierung sech virgeholl huet zu Belval, da gesäit een, datt dat enorm ass, wat an deenen nächsten zéng bis 15 Joer geplangt ass. Et sinn am Ganzen net méi wéi 15 Projeten, mat engem Käschtepunkt vu ronn enger Milliard Euro. 40 Milliarden där aler Frang, dat ass net näischt an Zäiten, wou d'Statsfinanzen oder d'Statskeesen ufänken, lues a lues ëmmer méi eidel ze ginn.

Mir si grondsätzlech mat dem Ausbau vun der Uni um Site Belval d'accord. Mir fannen och, datt et logesch ass, datt een nieft der Uni déi Centres de recherche publics Gabriel Lippmann, Henri Tudor an den CEPIS/INSTEAD usiedelt, well sech do eng Partie Synergien erginn an och wann haut alles matenee vernetzt ass, déi raimlech Nähe, d'No-beieneen-Sinn awer sécher vun Advantage ass.

Mir si frou, datt mer déi Entrevue mat de Vertrieeder vun der Uni haten an och vum Bauteministère, fir e bëssen ze erfueren, wéi d'Genèse vun deem ganze Projet do war a wéi d'Besoinen an d'Wënsch, op där enger Säit, mat deem, wat machbar ass, op där anerer Säit, probéiert gëtt iwwereneen ze bréngen, wat sécher net ëmmer ganz einfach ass.

Et gëtt eis gesot, datt d'Uni soll bis op 7.000 Studente goen. Op där anerer Säit sollen 3.000 Enseignanté respektiv Chercheuren op deem Site do aktiv ginn. Dat gëtt eleng an deem Beräich eng Populatioun vun 10.000, déi natierlech och en Attrait duerstelle fir Commerce an esou weider, esou datt do wirklech e Pôle de développement amgaang ass ze entstoen.

Elo sollen Administratiounen dohinner kommen, mat den Argumenter, déi gebraucht ginn, datt déi sollen definitiv en uerdentlechen Ënnerdaach kréien, en definitiven Ënnerdaach kréien, datt de Stat och Geld domadder géif spueren, well e kee Loyer méi bräicht ze bezuelen. Dat ass d'Ëmweltverwaltung, dat ass d'Waasserwirtschaftsamt, et ass d'Commission nationale de la protection des données an et ass de Fonds Belval, déi sollen an dat Verwaltungsgebai do erakommen.

Dat heescht, datt nieft der Uni an der Recherche, déi do stattfënnt, och Administratiounen vum Stat elo do ugesiedelt ginn an déi d'Weiderentwécklung vun deem ganze Site do nach verstärke wäerten.

Ganz generell soen ech näischt Neies, datt mir mat där Dezentralisatiounspolitik, déi do verfollegt gëtt, grondsätzlech d'accord sinn. Dat erlaabt eis eng Partie Verkéier net nëmmen ze reduzéieren, mä tout court ze vermeiden, well net méi alles brauch bis an d'Stad ze kommen, an datt een op d'mannst am südlechen Deel vum Land, dat heescht d'Stad Lëtzebuerg an am Minette, wéi mir soen, zwee Schwéierpunkten huet, wou Entwécklung gemaach gëtt.

Här President, wann een eng harmonesch Landesentwécklung mécht, dann därëf een allerdéngs de Rescht vum Land dobäi net vergiessen. Mir mengen elo, wa mer niewent der Stad zu Esch grouss Entwéck-

lung maachen, da wär d'Dezentralisatioun gréisstendeels gemaach; oder et gëtt vläicht eng Partie Leit, déi dat mengen.

Ech wëll drun erënneren, datt et am Norde vum Land en drëtte Schwéierpunkt gëtt, wou mer d'Ambitioun hunn - ech hoffe jiddefalls, datt d'Regierung se huet -, fir deen och ze entwéckelen, an eng Partie Verkéier, deen de Moment op där Schinn Nord-Süd leeft, einfach ewechfalen ze loossen, iwwerflësseg ze maachen, well mer am Norden - an do gëtt et jo dee Begrëff Nordstad - effektiv dann e weideren Zentrum a Schwéierpunkt schafen. Och do, si mir der Meinung, ass de Stat an der Verantwortung. Et kann een net vun enger wirklech équilibréierter Entwécklung vum Lëtzebuerger Land schwätzen, wann een dat net mat berücksichtegt.

Viru Joren, Här President, ass d'Iddi opkomm, alles, wat mat Landwirtschaft an Environnement - alles, wat ee kéint ëmschreiwe mat „grénge Secteur“ - ze dinn huet, an der Nordstad unzesiedelen. Ech muss soen, datt déi Iddi mer, wéi déi propagéiert ginn ass, net onsympathesch war an och haut nach ass.

Mir wëssen, datt mer elo schonn d'Ackerbauschoul zu Ettelbréck hunn. Si geet zwar e bëssen eriwier op Dikrech, Gilsdref, mä si bleift awer an deem Raum do. Wa mer soen Ackerbauschoul, da betrëfft dat haut manner d'Bauern, wéi virun allem ganz, ganz vill Schüler, déi awer am grénge Beräich bleiwen; dat heescht, am Gaardebau, an der Horticulture, an der Sylviculture, dat heescht an der Forstwirtschaft an esou weider.

Mir wëssen, datt alles, wat zur Landwirtschaft gehéiert, wat och do war, och do bleift. Dat ass de Laboratoire. Et soll weider ausgebaut ginn: e Centre de documentation; e Centre de formation vu Formation continue. D'Landwirtschaftskammer huet d'Ambitioun fir dohin ze kommen. Dat heescht, do entsteet elo scho mat deem, wat geplangt ass, e Schwéierpunkt fir alles, wat Landwirtschaft a Gaardebau an esou weider ass.

Dofir därëf een awer an deem Zesummenhang d'Fro stellen: Woufir, wa mer schonn e groussen Deel vun den agrareschen Aktivitéiten do hunn, verleeë mer net och d'landwirtschaftlech Verwaltungen dohinner? Woufir hätt een net och vläicht d'Ëmweltverwaltung kënnen definitiv dohinner usiedelen; d'Waasserwirtschaftsamt, wat eiser Meinung no och dohinner gehéiert, an d'Recherche an d'Heichschoul, iwwer alles dat, wat de grénge Beräich betrëfft?

Ech wëll hei bei där Geleeënheet d'Wichtigkeet ënnersträichen. Et deet mer leed, datt de Kolleeg Oberweis elo net hei ass, well hie géif mech ganz sécher ënnerstëtzen.

» Plusieurs voix.- Hei ass hien.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Oh, entschëllegt! Hien ass net op senger gewinnter Plaz. Mä ech sinn elo frou, datt hien hei ass, well ech weess, datt hie mech ënnerstëtzt a menger Ausso, datt den Agrarsektur an Zukunft eng ganz wichteg Roll ze spillen huet, net nëmmen an der Ernährung vun de Leit hei am Land, mä och an der Energiewirtschaft.

Stéchwuert Bioenergie; Stéchwuert - dat ass elo méi aktuell - Agro-Energie, wou mer ganz vill Fuerschung an der Zukunft musse maachen. Et deet mer e bësse leed - an dat wär wirklech eng Opportunitéit gewiescht -, datt een dat net alles op deem Beräich Nordstad do zesummegefaasst huet. Dat hätt, Här President, den Advantage gehat, datt mer den Développement vun engem drëtten ekonomeschen an administrative Schwéierpunkt am Norden, och vu staatlécher Säit, virugedriwwen hätten.

Ech wëll och ënnersträichen, datt de ganzen Nordberäich vum Lëtzebuerger Land eigentlech flächeméisseg dee gréissten Deel ass. Do gehéiert souguer den ieweschten Deel vum Oste mat derzou. Esou, datt een effektiv d'Chance verpasst huet, fir eppes do ze maachen. Mir hätten den Advantage gehat, datt mer manner Verkéier generéiert hätten op der Nord-Süd-Achs, wou mer elo scho wëssen, datt d'Autobunn, wa se et da packt, et jiddefalls net fäerdeg bréngt, um Kierchbierg de ganze Verkéier weiderzedrainéieren.

Mir wëssen och, datt beim öffentlechen Transport nach ganz villes muss investéiert ginn, fir datt dat klappt. Mir hätte wirklech eng équilibréiert Dezentralisatioun respektiv Entwécklung vum ganze Land kënnen domadder maachen. Déi Chance, fäerten ech, ass elo definitiv verpasst. Ech bedauern dat, denken ech, net eleng, mä och eng Partie Leit vun anere Parteien, déi déi

Iddi effektiv virugedriwwen hunn, déi elo awer wahrscheinlech dann definitiv fort ass. Dat ass, wéi gesot, ze bedauern.

Et bleift dann elo - an domat wëll ech ofschléissen - ze hoffen, datt weinstens den öffentlechen Transport op der Schinn fonctionnéiere wäert, fir datt alleguerten déi, déi an deem Beräich eppes wëlle léieren a Recherche maachen, wa se da méi am Norde wunnen, effektiv awer esou séier wéi méiglech an de Süde kommen, wa se sech müssen déplacéieren; datt d'öffentlech Transportinfrastrukturen op der Nord-Süd-Schinn an och hei duerch d'Stad - do denken ech erëm eng Kéier, Här Minister, et deet mer leed, awer un den Zuch, dee soll ënnert där Stad erduerchfuere - dann dach awer esou ausgebaut ginn. Esou datt mer weinstens kee Verkéiersproblem behalen an och selbstverständlech déi méiglechst optimal Verbindung tëschent der Stad an dem Site zu Esch - well et ass jo do, wou mer elo ausbauen - esou gutt an esou séier wéi méiglech gemaach gëtt.

Dat gesot, Här President, mir soe Jo, mä mir hunn de Bauch e bësse wéi, well hei effektiv eng Chance verpasst ginn ass.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Zwee Mercien, fir unze-fänken. Deen éischten un d'Rapportrice, déi wéi ëmmer eng gutt a schnell Aarbecht hei gemaach huet. Deen zweete Merci un all d'Fraktiounen, déi mat oder ouni Bauchwéi dat heiten ënnerstëtzen. Dann e puer Minutte fir op déi Froen, déi gestallt gi sinn, nach ze probéieren ze äntwerten.

Dat Éischt, wat ech wëll soen, dat ass, datt d'Madame Brasseur an hirer Interventioun schonn eng Rei Froe gestallt huet, déi se zu engem groussen Deel selwer beäntwert huet. Duerfir brauch ech se net nach eng Kéier ze beäntwerten, well si huet se, esou wéi si se beäntwert huet, richtig beäntwert. Ech wëll awer e puer Saache kloerstellen.

Déi éischt Saach, déi ech wëll kloerstellen, dat ass do wou, wéi d'Madame Brasseur gesot huet, den aktuelle President vum Fonds Belval eng Verméschung vun de Funktiounen géif maachen duerch seng Präsenz och am Fong Belval. Ech wëll just soen, datt mer déi Diskussiounen schonn eng Kéier haten. Och mam leschte President vum Fonds Belval waren eng Rei Diskussiounen.

Déi lescht Regierung huet dëse President genannt a si huet dëse President aus engem ganz präzise Grond genannt. Si huet dëse President genannt, well dëse President net am Ministère des Travaux publics schafft an domat och net an der Roll ass, wou hien ee President vun engem Fong ass, deen an deem Ministère selwer schafft, wou hie sech kontrolléiert.

Hien ass also net an der Roll du Contrôleur contrôlé. Duerfir kann een och net soen, datt hien an der Roll vum „juge et partie“ ass. Fir mech ass et wichteg, datt mer déi Trennung hunn. Déi hunn ech och bei all deene Fongen, déi vum Ministère des Travaux publics ofhänken, duerchgeféiert a weider bestoe gelooss. Ech hunn an den aktuelle President an a seng Aarbecht 100%egt Vertrauen a fannen, datt hien dat bis elo gutt gemaach huet.

Déi zweet Fro, déi gestallt ginn ass, dat ass eng Niewefro hei: Wat geschitt mam Walfer Schloss, gradesou wéi mat all deenen Institutiounen, déi elo eidel ginn? D'Walfer Schloss, dat ass jo do, wou den IES elo dran ass. Et ass esou, datt mer amgaang sinn ze kucken, ob mer déi Gebailechkeeten net kënnen gebrauchen, fir se an eng Postprimärs-, dat heescht an eng Sekondärstruktur ëmzefunctionnéieren.

Dat aus zwee Grënn: well am Fong d'Gebailchkeete sech relativ gutt dozou prêtéieren, éischstens; an zweetens, well mer och déi sämtlech Sportinfrastrukture schonn niewendru sur place hunn, wat eis Synergien a Rationalitéite géif relativ einfach maache loosse.

Do si mer amgaang ze kucken, awéiwäit et méiglech ass, plus Dir hutt Recht, Madame Loschetter, well am Fong d'Verbindunge souwuel un de Bus wéi un den Zuch relativ einfach sinn a kënnen direkt vun do aus gemaach ginn. Dat ass net décidéiert, mä momentan an der Faisabilitéitsstudië.

Kënnen mer eis dat leeschten?, gëtt gefrot. Fir d'éischt ass d'Äntwert: Et steet aktuell am Plan pluriannuel als ganz Zomm vun deem, wat geplangt gëtt, fir an den nächste Joren um Belval ze bauen. Ech hätt am Fong éischer d'Tendenz, amplatz d'Fro ze stellen: Kënnen mer eis et leeschten?, ze

froen: Musse mer eis dat doten net leeschten? Hu mer iwwerhaupt en anere Choix, wéi hei op eng Schinn ze setzen, wéi hei op eng Pist ze setzen, wou mer d'Recherche, wou mer d'Fuerschung, wou mer den Développement vun eisem Land an Zukunft erasetzen a wou mer em maximal Chancë ginn, fir sech ze développéieren?

Duerfir soen ech, mir mussen eis déi Chance do ginn, a mir musse grad déi do Investissementer hei maachen. Mir hu se pluriannuel virgesinn. Mir haten eng Diskussioun och doriwwer, well ech verstan hunn, datt ee kann an d'Richtung denken, fir ze soen: Mä hätt een net besser, dee ganzen Ensemble, fir e besser ze iwwerkucken, an engem Block hei ze stëmmen, déi 560 Milliounen Euro, déi de ganzen Ensemble kascht?

Zwou Äntwerte géif ech dozou ginn. Déi éischt Äntwert, dat ass, wa mer dat gemaach hätten, hätte mer vun all deene Gebaier, deenen zéng, eelef Stéck, déi der Cité des Sciences ugehéieren, missen d'Planifikatioun ganz bis zum Schluss dreiwen. Da wäre mer an dräi, véier, fënnef Joer eréischt mat der Planifikatioun fäerdeg gewiescht an hätten dann eréischt kënnen mam éischte Gebai ufänken. Dann hätte mer esou vill Zäit verluer. Dat ass deen éischte Grond.

Zweete Grond, dat ass deen, datt ech bei all deene grouse Projeten, ob dat elo Héichbau- oder Déifbauprojete sinn, zesumme mat der Commission de l'exécution budgétaire décidéiert hunn, datt mer se ëmmer géifen a Stécker maachen, well och déi finanziell Contrôlabilitéit, dat heescht den Iwwerbléck, deen ech iwwert d'Dépenses courantes hunn als Bauteminister, wesentlech méi einfach ze maachen ass, wann ech se kann op méi klenge Bléck an op méi klengen Zäitachse maachen, an eis soss de Projet géif riskéieren, well en ze grouss ass, eventuell aus der Hand ze rutschen. Ech sinn och sécher, datt de Bautechef aus der Stad Lëtzebuerg déi Reflexioun relativ gutt ka verstoen.

Zur Madame Loschetter, déi gesot huet, datt eng Fro vu Parkplaze sech géif stellen. Déi Fro stellt sech effektiv. Mä hei si Parkplaze bei der Uni virgesinn aus deem ganz einfache Grond, well mer och mat dem „modal split“, dee virgeplangt ass, awer nach Parkplaze brauchen.

Wa mer soen, mir hunn en „modal split“ 60/40, dann heescht dat 60% Individualverkéier, 40% öffentleche Verkéier, dat heescht dann nach ëmmer 60% Individualverkéier. A fir déi 60% Individualverkéier musse mer awer Strukture schafen, fir datt se kënnen uerdentlech a korrekt fonctionnéieren.

Mir hunn déi Parkplazen esou standardiséiert an an der Zuel esou gemaach, datt se op e 60/40 passen. Mir hunn och de Stroossekonzept esou gemaach, datt en op e 60/40 passt, a mir hunn den öffentleche Transport - Dir hutt iwwert d'Gare Belval geschwat, mir hu virun engem oder zwee Méint och déi nei Buslinnen do ageweit - och esou konzipéiert, datt mer hoffen, datt en déi 40% packt. Mir mussen déi packen, mir mussen awer och déi 60% Individualverkéier packen. An eng Uni, esou wéi se fonctionnéiert mat der Aart a Weis, wéi enger Uni hiert Liewe sech am dagdeeglechen Oflaf ofspillt, déi brauch natierlech och, datt d'Leit eng gewësse Flexibilitéit méi hu wéi dat, wat den öffentleche Verkéier hinne ka ginn.

Et sinn nach puer Wuert iwwert d'Klimatisatioun gesot ginn. Do mengen ech, ass et esou, datt mer bei dem Unisgebai probéieren, e relativ einfacht technologesch Konzept ëmzesetzen, wou mer de Verbrauch vun Energie esou déif wéi méiglech gestalte mat där einfacher Technologie, esou wéi mer et och an alleguer de Lycéeë maachen.

Par contre muss een awer soen, datt dat anert, dat administratiivt Gebai eng gewësse Particularitéit huet, wou et noutwendeg war, méi Technologie eranzekréien, well mer hei net nëmme Schoul- a Bürosgebaier hunn, mä eng ganz Rei Laboratoiren hunn, Laboratoiren, déi eng extra Killung, eng extra Klimatisatioun brauchen, sou datt mer do eng e wéineg méi komplizéiert Technologie gemaach hunn, ëmmer

esou rationell an ekologesch wéi méiglech, awer méi komplizéiert, well einfach d'Fonctioun vum Gebai dat verlaangt huet.

Zum Här Mehlen wollt ech just déi Reflexiounen iwwert d'Nordstad nach eng Kéier an dat Liicht setzen, esou wéi ech se gesinn. Ech mengen, datt mer fir den Dé-veloppement vun der Nordstad jo trotzdeem an deene leschte Joren extrem grouss Efforté gemaach hunn, andeem mer zwee Pölen do entwéckelen, andeem mer de Schoulbau an der Nordstad Dikrech an Ettelbréck sech haut entwéckele loossen, mä och Zukunftsperspektive sinn.

Natierlech kann een da soen, datt verschidden Ensembles, wéi de Laboratoire vum Environnement, wéi zum Beispill d'Gestion de l'eau, och hätte kënne bei eng Akerbauschoul passen. Selbstverständlech hätt een dat kënne soen. Et kann een awer gradesou gutt soen, datt se mat all deenen Aspekter vu Recherche, vu Laboratoire, déi se hunn, bei d'Uni passen, bei d'CRPe passen an do och Sënn maachen. Déi eng Optioun hätt Sënn gemaach, déi aner Optioun mécht awer gradesou vill Sënn, a mir hunn elo eben déi Solutioun geholl, fir dat Ganzt op den Aspekt Recherche opzebauen, an dofir och e kohärenten Ensemble do ronderëm ze bauen.

Ech ginn zou, datt déi aner Rësonnementer och Sënn gemaach hätten, mä ech wär awer och frou, wann Dir géift zouginn, datt dat hei Rësonnement och net ganz falsch ass, an déi Décisioun hei och eng gewësse Kohärenz huet, déi ee kann...

(Interruption)

Ech mengen eben net, datt et besser wier.

(Interruption)

Mir hunn do nach e klengen Ënnerscheed, mä dat empêchéiert awer net, datt all déi Strukturen, déi an der Nordstad an der nächster Zukunft wäerte kommen, fir aus der Nordstad och deen Entwécklungspôle ze maachen, dee mer am Land brauchen, déi an den nächste Jore wäerten do gebaut ginn, extrem substanzéiell sinn.

Wann Der gekuckt hutt, mir hate virun zwee Méint déi ganz Diskussioun iwwert de Stroossebau, notament fir ronderëm d'Nordstad, ronderëm Ettelbréck, ronderëm Dikrech eis Verkéierssystemer esou ze gestalten, datt déi Entwécklung och méiglech ass. Da wësst Der, datt mer och do extrem vill an deenen nächste Jore wäerten investéieren, fir déi Zilsetzungen ze erreechen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen zum...

(Interruptions)

Pardon, entschëllegt, Här Minister Biltgen, d'Tribün ass fir lech.

» M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Sou schnell kommt Der net eraus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och nach als Héichschoulminister just op dräi Punkten agoen, déi och hei opgeworf goufen. Deen éischten ass de Käschtepunkt vun der Maison du Savoir. Déi kascht effektiv 136 Milliounen Euro. Wann ee kuckt, wat en normale Lycée kascht, an där hutt Der jo déi lescht Zäit vill hei gestëmmt, kascht en normale Lycée, dee bis zu 1.000 Schüler huet, währenddeem d'Maison du Savoir bis zu 4.000 Studenten hei kann ophuelen, net vill manner wéi d'Maison du Savoir.

Ech wëll och drun erënneren, wat de Recteur gesot huet an där Commission jointe, déi mer haten, nämlech dass zu Lëtzebuerg de Lycéesstudent u sech de Stat 50% méi kascht wéi den Universitëitsstudent de Stat kascht, esou dass ech net mengen, dass mer hei en iwwerdrifwen deiert Haus hätten.

Dat bréngt mech zu der zweeter Fro, nämlech de Fonctionnementskäschten. D'Iddi vun där Maison du Savoir mat deene ville verschiddene Raim, déi een och ka verstellen, ass ebe just, fir esou flexibel ze sinn, dass een op déi verschidde Besoinë kann agoen an dass een net fest Programmer huet, wou ee seet, deen ass dann do an deen ass dann do, mä dass een hei ka vill méi benotzen, esou dass ee bis zu 4.000 Studenten hei kann an déi Maison du Savoir erakréien, wann een dat optimal notzt.

Dat bedeit, an doriwwer hu mer och mat der Uni geschwat, dass déi aktuell Funktiounskäschten - well d'Uni huet jo haut scho Funktiounskäschten, well si huet jo schonn Hörsäll an esou weider - bei enger Uni, déi manner Studenten huet, méi héich si wéi déi Funktiounskäschten - ech huelen elo d'Hörsäll - vun där zukünfteger Maison du Savoir, well mer eben do vill méi gruppéiert hunn a vill méi kënne benotzen. Esou dass déi Funktiounskäschten an Zukunft insgesamt méi bëlleg sinn.

Drëtten a leschte Punkt ass dee vun der Cité des Sciences, well een effektiv konnt duerjerneekomme mat deem engen an deem aneren Diagramm, well deen een Diagramm am Projet de loi, am Exposé des motifs vun der Uni geschwat huet an deen anere vun der Cité des Sciences.

D'Uni huet eng Ausrichtung a Pölen an d'Cité des Sciences huet eng Ausrichtung a Pölen. D'Cité des Sciences ass méi wéi d'Uni. Bei d'Cité des Sciences kommen nämlech och d'Centres de recherche publics derbäi wéi de Lippmann, wéi den Tudor, wéi den CEPS respektiv och den Incubateur d'entreprises.

A wat do eben eng Diskussioun war, déi mer laang haten an déi mer gutt ofgeschloss hunn, dat ass déi, dass mer net soen, hei ass d'Uni, do ass de Lippmann, do ass den Tudor, do ass den CEPS, mä dass mer Pöle maachen an der Cité des Sciences, dass d'Laboratoirë vun deene verschiddenen Haiser, déi eppes mateneen ze dinn hunn, och an datselwecht Haus erakommen. Och dat mécht erëm eng Kéier Synergien.

Dann e leschte Punkt, wou ech och wollt dem Kolleeg Claude Wiseler Merci soen,

dass hien dat gesot huet, dass de President vum Fonds Belval, deen effektiv och Kommissär bei der Universitéit ass, net Juge et partie ass. Dozou wëll ech soen, et ass jo net de President vum Fonds Belval, emol net de Fonds Belval, deen d'Konzept vun der Uni décidéiert, mä de Fonds Belval exekutéiert e Konzept, wat vun der Regierung arrétéiert gouf.

Dat gesot, soen ech all den Orateuren, selbstverständlech ugefaange mat der Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, awer och all deenen aneren Orateurë Merci fir déi gutt Debatt, déi mer hei haten.

» M. le Président.- D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

» M. Robert Mehlen (*ADR*).- D'Madame Duval kennt sech zu Belval aus.

» Mme Anne Brasseur (*DP*).- Här President, ech hat eng Fro gestallt, wa mer dat hei elo stëmmen, an et kéim net dozou, dass mer déi aner Partien och kéinte réaliséieren, kann déi Maison du Savoir ouni déi aner Deeler vun der Cité des Sciences fonctionnéieren?

» M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- De Punkt ass, dass déi aner Deeler vun der Cité des Sciences am Programme pluriannuel virgesi sinn, esou dass mer se och kennen exekutéieren. Dat ass nämlech d'Fro.

Dir hutt d'Fro gestallt: Hu mer d'Suen, fir dat ze exekutéieren? Mir hunn d'Suen, fir dat ze exekutéieren. De Fonds Belval ass amgaang dat esou ze plangen. Dir hutt deemools an där Commission jointe de Planning gesinn. Alles ass zurzäit am Planning vun deene verschiddenen Haiser, déi ronderëm sinn.

Woubäi een natierlech muss soen, dass déi eng Haiser méi wichteg fir d'Uni si wéi anerer. Et sinn Haiser, déi si vläicht manner wichteg fir d'Uni, méi wichteg fir Centre-de-recherche-publicen. Anerer si méi wichteg fir d'Uni. Mä mir sinn zurzäit am Planning, a mir wëllen och weider am Planning bleiwe vun de Concours-d'architecten ugefaangen iwwert d'Projet-de-loien, esou dass dat opgeet an dass d'Uni da ka fristgerecht 2012/2013 ufänken.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum Vote iwwert déi zwee Projet-de-loien. Fir d'éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi, wat d'Maison du Savoir zu Belval ubelaangt, de 5897.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5897 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Patrick Santer);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Romain Schneider), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet, wat de Bâtiment administratif ubelaangt. Och hei ass de Vote amgaang.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5898 ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Mir gesinn eis muer de Moien erëm.

(Fin de la séance publique à 17.03 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

Zu Beetebuerg *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*

.

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 Mhz*

.

Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

.

An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

.

An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*